


# SYN ER GIE

SEPTEMBER 2022 #68

De Regionalmagazine Atert-Wark vum Kanton Réiden

KANTON RÉIDEN



# Guided Autumn Tours

## ERLEBEN SIE DEN HERBST VON SEINER KULTURELLSTEN SEITE VOM 2. BIS ZUM 5. NOVEMBER



### Mittwoch 02.11

**RINDSCHLEIDEN**
**Reise in die Vergangenheit**

14:00-15:30 Uhr
LU/DE
Preis pro Person: 10 €,
Bezahlung in bar vor Ort

Können Sie sich vorstellen, wie Menschen vor 100 Jahren in Luxemburg auf dem Land gelebt haben? Dann ist dies genau das richtige Angebot für Sie! Besuchen Sie das kleinste Dorf Luxemburgs mit seinem ländlichen Museum „Thillenvogtei“. Hier können Sie die Vergangenheit mit allen Sinnen durch Mitmachaktivitäten erleben.



### Donnerstag 03.11

**NOSPELT**
**Péckvillchen Workshop & Töpfereimuseum**

17:00-19:00 Uhr
LU/DE/FR
Preis pro Person (Kinder und Erwachsene): 5 €, Bezahlung in bar vor Ort
Wichtig: Péckvillchen als Souvenir mitnehmen für 15 € Aufpreis (pro Stück)

Zusammen mit dem begeisterten Hobbytöpfer wird ein typisch luxemburgischer „Péckvillchen“ hergestellt, eine aus Ton gebrannte Keramikpfeife in Vogelform. Im Haus des letzten Töpfers wurde ein Museum eingerichtet, wo alte Töpferwaren ausgestellt sind, und wo Sie in die Geheimnisse dieser alten Handwerkskunst eingeweiht werden.



### Freitag 04.11

**USELDANGE**
**Kinderfreundliche Tour auf der Useldinger Burg**

15:00-16:30 Uhr
LU/DE/FR
Preis pro Person: 8 € (gratis für Kinder unter 6 Jahren),
Bezahlung in bar vor Ort

Auf spielerische und leicht verständliche Art und Weise nimmt der Tourguide auch die jüngsten Teilnehmer in ritterlichem Gewand mit auf Entdeckungsreise durch die Useldinger Burg.



### Samstag 05.11

**KEHLEN**
**Distillerie Adam**

18:30-20:00 Uhr
LU/DE/FR/EN
Preis pro Person: 10 €,
Bezahlung in bar oder Payconiq vor Ort

Lernen vom Meister ist sicher keine Schnapsidee! Vom reifen Obst zum edlen Schnaps: Im Kehlener Brennereimuseum wird Ihnen einen Einblick in das traditionelle Handwerk des Schnapsbrennens gewährt. Selbstverständlich können Sie bei einer Besichtigung die hauseigenen Schnäpse und Liköre verkosten.

Highlight ist die Vielzahl der ausgestellten Brennereianlagen aus den verschiedensten Ecken des Landes.

**www.visitguttland.lu**

VisitGuttland @visitguttland

Anmeldung erforderlich! Die Maximalanzahl an Teilnehmern wird der Situation zum Zeitpunkt der Besichtigung angepasst.
Anmeldung: T +352 28 22 78 62 / info@visitguttland.lu



Visit Guttland

## Impressum

Rédaction, direction artistique, illustration, mise en page & suivi de production
Art & Wise s.à r.l.

Editeur responsable
Art & Wise s.à r.l.

Impression
Imprimerie Reka s.a.

Renseignements & réservations
T 23 62 43-20
info@artandwise.lu



© Art & Wise s.à r.l.

Tous droits réservés. Toute reproduction, ou traduction, intégrale ou partielle, est strictement interdite sans autorisation écrite au préalable de l'éditeur.



Prochaine parution
Novembre 2022

Clôture annonce
Début novembre 2022

Tirage
13.304 exemplaires

Magazine régional d'information bimestriel édité par Art & Wise s.à r.l. en collaboration avec le Syndicat Intercommunal „Kanton Réiden" et le Groupe d'Action Locale Leader Atert-Wark.

KANTON REIDEN

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.




© Flashaholic_mining

# Sommaire


**02** Zu Uewermaartel kënnt Neits un d'Dagesliicht! De Schiefermusée elo nei entdecken!

**04** Une vision territoriale pour notre Canton





**08** Wéi gesäit et mat eisem Wandpark am Kanton Réiden aus?

**14** D'Wärmepompel, déi nei Wonner-léisung?





**18** Les zones d'activités du Syndicat Intercommunal du Canton de Redange

**20** Miwwelfestival Redange Intérieur

**22** De „Pakt vum Zesummeliewen" Update

**24** Vëlosummer 2022 am Kanton Réiden

**24** Kulinaresche Vëlostour 2022 am Wëlle Westen

**25** Experiment: Solar-Ravi

**26** Maison Bous-Goergen





**28** Vibrerlocal.lu, déi alternativ Plattform fir Partizipatioun & Crowdfunding





**32** Gewässervertrag Attert &Klimapakt Méi Gréngs an eisen Dierfer


**38** Cube521

**39** Weekend vum Wëlle Westen

**40** Agenda

# Zu Uewermaartel kënnt Neits un d'Dagesliicht!

De Schiefermusée elo nei entdecken!




MUSÉE DE L'ARDOISE

KANTON REIDEN

**Musée de l'Ardoise**
L-8823 Haut-Martelange
www.ardoise.lu
info@ardoise.lu
T +352 23 640 141
facebook.com/MuseeArdoise

**All Informatioune fannt Dir op www.ardoise.lu oder kontaktéiert eis op +352 23 640 141 oder info@ardoise.lu**

De Schiefermusée ass em eng Attraktioun méi räich: nieft dem eemolegen Architekturensembel vun Uewermaartel, dem Bopebistro an de kreativen Atelieren, ass et dem Besicher méiglech, ee Bléck an déi beandrockend Kummere vum ënnerierdesche Schiferofbau an der nei zougänglecher Grouf „Johanna“ ze werfen.



No 90 Minutte bei konstanten 9 Grad an insgesamt 370 Träppleke bis op eng Déift vun - 42 m an zeréck, krit een duerch eng modern Beliichtung an audiovisuell Projektiounen een Androck vum Schiferofbau a senge gewaltegen Ausmoossen ëm 1900, genau wéi vum Liewe vum Leeköppert. Den ënnerierdesche Parcours baut op de Recherchen an den Interviews op, déi d’Frënn vun der Lee am Laf vun hirer 30 järeger Veräinsgeschicht zum Schiferpatrimoine vum Lëtzebuerger Land an der Grossregioun zesummegedroen hunn. Och haut ass de Veräin aktiv um Opbau vum liewege Schiefermusée bedeelegt, dëst mat Guidagen, Animatiounen, Betrib am Bopebistro, Tir um Zuch, Virféierunge vum Handwierk asw. Hirem Engagement ass et ze verdanken, dass de Site vun Uewermaartel, dee opgeblitt ass an enger Zäit wou nach Dampmaschinnen déi éischt Motore waren an d’Handwierk déi dreiwend Kraaft an all Betrib, och haut nach um Liewen ass.









De Besuch vun der ënnerierdescher Grouf ass wiederonofhängeg an ass dat ganzt Joer bäi all Witterung méiglech. Et ass eng eemoleg Geleeënheet, fir een aussergewéinleche Milieu op eege Fauscht z’entdecken. Informéiert Iech am Virfeld, well deemnächst wäert et och méiglech sinn, de Souterrain einfach mat engem Ticket, ouni Guide, awer zu den offiziellen Ëffnungszäite vum Schiefermusée, ze besichen.

Jackett a gutt Schong sinn awer egal wéi a bei all Wieder obligatoresch.

Bucht elo är Visitt mat engem vun eise Guide vun de „Frënn vun der Lee“:

- „Der Weg des Steins“, eng 3-Stonne-Visitt, wou Dir de Site méi am Detail kenneléiert, de Wee vum Schifer souwuel ënnerierdesch kenneléiert an awer och iwwerierdesch eng Demonstratioun vun engem Leeköppert kritt;
- „Unter Tage“, eng guidéiert Visitt, déi Iech kuerz an d’Geschicht vum Site a vum Schifer aweist a wou Dir dann an dat neit Besicherbiergwierk erofgitt;
- An Zukunft kënnt Dir och eleng, ouni Guide erof an d’Besucherbiergwierk „Johanna“. Dofir musst dir awer nach e bësse Gedold hunn!

# Une vision territoriale pour notre Canton

## Notre Canton signe une convention avec le Ministère pour établir une vision territoriale

*"La signature de cette convention me tient particulièrement à cœur: elle permet d'appuyer le formidable travail du Réidener Kanton et ses efforts pour redonner vie à une zone classée rurale en revalorisant ses noyaux villageois et en rehaussant la qualité de vie de ses habitants. Il s'agit de faire en sorte que nos villages redeviennent des villages attractifs tout en répondant aux besoins et attentes légitimes de ses habitants. L'objectif étant de maintenir le caractère de nos villages en leur permettant de rester des villages à la hauteur des enjeux et défis du XXIe siècle"* a souligné le ministre de l'aménagement du territoire Claude Turmes.



## Quels sont les objectifs de cette convention?

Cette convention qui dure jusqu'au 31 décembre 2026 a pour objectifs de:

**rehausser** l'attractivité du canton de Redange en améliorant les conditions d'existence et la qualité de vie de sa population;

**préserver** les activités traditionnelles du canton selon sa vocation agricole, artisanale, commerciale ainsi que de promouvoir son développement dans les domaines économique, social, culturel, éducatif et touristique, le tout dans le respect de l'environnement naturel et bâti existant et dans le cadre d'une politique d'aménagement du territoire mise en œuvre aux échelons national, régional et communal;

**participer** et de coopérer à toute initiative de caractère public ou privé ayant pour but la réalisation des activités précitées;

Ces objectifs s'insèrent dans le cadre des orientations stratégiques du Programme directeur d'aménagement du territoire (PDAT) promouvant le polycentrisme et la déconcentration concentrée. Le PDAT soutient ainsi une revalorisation des noyaux villageois dans les zones rurales par le biais d'une politique d'encouragement pour y implanter des services élémentaires. De fait, le PDAT classifie le canton de Redange comme un „espace à développer en milieu rural" et définit la commune de Redange comme centre de développement et d'attraction (CDA) régional.

Avec ses 268 km$^2$, représentant 10,3% de la surface du Grand-Duché, le canton dispose actuellement d'un potentiel foncier important et compte quelques 20.000 habitants, ce qui équivaut à 3,1% de la population totale, et environ 7.300 emplois, ce qui représente 1,5% de l'emploi total du pays.



Cérémonie de signature de la convention avec le Ministre Claude Turmes ayant lieu le 12 mai 2022.
© Ministère de l'Energie et de l'Aménagement du Territoire



Le président du Syndicat Intercommunal du Canton de Redange, M. Thierry Lagoda avec le Ministre de l'Energie et de l'Aménagement du Territoire, M. Claude Turmes lors de la signature de la nouvelle convention.
© Ministère de l'Energie et de l'Aménagement du Territoire

## Définir une vision territoriale pour notre Canton

Afin de réaliser les objectifs retenus, un programme de travail pluriannuel sera établi avec comme but d'élaborer une stratégie commune de développement (vision territoriale „De Réidener Kanton" à l'horizon 2035) et de mettre en œuvre des projets concrets accompagnés d'actions de sensibilisation et de communication. La vision territoriale „De Réidener Kanton" devra répondre aux spécificités des défis et enjeux et ainsi proposer une stratégie de développement territoriale opérationnelle tenant compte des potentiels et des caractéristiques propres à ce territoire.




Un comité de concertation sera mis en place, composé de membres du bureau du syndicat et du ministre de l'Aménagement du Territoire, qui se réunit au moins deux fois par an. Un programme de travail est élaboré annuellement.

Le Ministère s'engage à participer aux frais engendrés par cette convention jusqu'à concurrence de 550.000 €.

## 1ère étape

La 1ère étape de cette convention consiste à élaborer, ensemble avec les acteurs communaux, une vision stratégique de développement territorial pour le canton de Redange (Landesplanerisches Leitbild „De Réidener Kanton").

La vision territoriale „De Réidener Kanton" devra se décliner en une stratégie de développement opérationnelle aux horizons 2035 et 2050 et promouvoir un développement territorial durable et innovateur d'une part et le respect de l'équilibre entre la protection des espaces naturels, agricoles et forestiers d'autre part. Une attention particulière sera mise sur le patrimoine rural existant pour garantir sa protection ainsi que sur l'interconnexion des différents villages dans les communes. La stratégie visée devra veiller à proposer une utilisation rationnelle du sol, en mettant en relation les nouveaux logements planifiés avec les infrastructures publiques (écoles, stations d'épuration, maisons de retraite, maisons des jeunes, etc.) d'une part et la demande alimentaire avec les productions locales/régionales d'autre part. En outre, la stratégie tiendra compte d'une offre en services adaptés et d'une mixité sociale et fonctionnelle, et souhaite accompagner en même temps les grandes transitions: écologique, énergétique, numérique…

## Résumé: Une vision territoriale pour le Canton de Redange

**Le Syndicat Intercommunal du Canton de Redange a signé une convention avec le ministère de l'Aménagement du Territoire pour élaborer sur les prochaines 3,5 ans une vision territoriale. Celle-ci devra permettre de concilier développement économique et urbain (logement), préservation et mise en valeur du paysage, ainsi que planification de la mobilité. Cette convention s'insère dans la Programme directeur d'aménagement du territoire (PDAT) promouvant le polycentrisme et une revalorisation des noyaux villageois dans les zones rurales par le biais d'une politique d'encouragement pour y implanter des services élémentaires. Une première étape qui vient d'être entamée est l'élaboration d'une vision stratégique de développement territorial. Des réunions de travail auront lieu ces prochains mois avec des représentants des 10 communes, divers ministères et administrations étatiques et un bureau d'études.**

KANTON RÉIDEN



# Ech verloune solidaresch!

## WAT FIR VIRDEELER HUET DE PROPRIETAIRE WANN HIEN SENG WUNNENG IWWERT DE SERVICE HAUSCARE VERLOUNT?

De Loyer ass duerch déi 10 Membergemengen vum Kanton Réiden, déi hannert dem Projet HausCaRe stinn all Mount garantéiert esouguer wann d'Wunneng géif eng kuerz Zäit eidelstoen.

## WAT GESCHITT WANN DE PROPRIETAIRE SENG WUNNENG SELWER BRAUCH?

De Propriétaire a seng Famill huet ëmmer Urecht un senger Wunneng falls hien déi fir sech brauch. An deem Fall kritt de Propriétaire seng Wunneng bei der Echéance zréck an déi aktuell Benéficiairë ginn dann an eng aner Wunneng ënnerbruecht

## STEIERLECH VIRDEELER?

Als Propriétaire kënnt Dir vun engem steierleche Virdeel vu bis zu 50% um Bénéfice net locatif (Reforme fiscale 2017 – Art. 115/22a) profitéieren. Dëst kann dann zum Deel déi Partie vum Loyer, deen Dir manner erakritt, kompenséieren. (De Loyer ass hei 30 bis 40% méi niddreg wéi um private Immobilien-Marché).

## WAT GESCHITT WANN EPPES AN DER WUNNENG FUTTI GEET?

Den HausCaRe garantéiert d'Reparatur vun allen eventuelle Schied, déi duerch d'Benéficiaire verursacht ginn. Des Weideren kënne während der Locatioun kléng Aarbëchten vun eis iwwerholl ginn.

## BEGLEEDUNG VUM LOCATAIRE?

De Locataire gëtt déi ganzen Zäit vum Office Social OsCare vum Kanton Réiden begleet.

GESTION LOCATIVE SOCIALE
Conventionné par le Ministère du Logement

HAUS CaRe

ART & WISE

# NACH FROEN?

## Kontaktéiert HausCaRe

Mahowald Monique . T 28334-120 / 621 887 941 . monique.mahowald@kanton-reiden.lu

HausCaRe . 11, Grand-Rue . L-8510 Réiden . Méindes bis Freides 9-13 Auer

Ee Projet vum Kanton Réiden an hiere Membersgemengen.

KANTON RÉIDEN

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement



De Chantier vun enger 4,2 MW Anlag zu Esch-Sauer
*Le chantier de construction d'une éolienne de 4,2 MW à Esch-Sauer*
© Soler

# Wéi gesäit et mat eisem Wandpark am Kanton Réiden aus?

Interview mam Maxime Kauff, Gestionnaire de Projets a mam Guy Uhres, Responsabel fir di Erneierbar Energie bei der Société Électrique de l'Our (SEO).

**Mir hunn elo laang näischt méi an der Ëffentlechkeet gehéiert iwwert de Wandpark Kanton Réiden. Wou ass en de Moment drun?**

An der Ëmweltverdréiglechkeetsetude (UVP/EIE) si weider Studie gefuerdert ginn, déi méi Zäit gebraucht hunn, wéi ursprénglech virgesinn. An der Tëschenzäit ass den Autorisatiounsdossier esou wäit ausgeschafft, dass mer en elo am September 2022 areechen.

**Wat fir Problemer hutt Dir begéint?**

D'Anlag Nr. 6 bei Osper an der Gemeng Réiden konnt wéinst der Präsens vum Schwarzstorch a Roudmilan net realiséiert ginn.

Bestëmmt kënnt Dir Iech och nach un d'Biergerinitiative géint de Wandpark erënneren, déi sech 2018/19 forméiert hat. No verschiddenen Informatiounsversammlungen, konnte mir awer gréisstendeels op d'Bedenken an d'Ängschte vun de Bierger reagéieren.

Verschidde Verhandlunge mat Propriétaire ware méi zéi an hu sech an d'Längt gezunn. Mir si jo net nëmmen un di Terrainen ugewise wou d'Anlagen hi stoe kommen, mee praktesch ëmmer mussen d'Feldweeër temporär ausgebaut oder erweidert gi fir den Transport vun de grousse Baudeeler ze erméiglechen.

D'Festleeë vun de Kompensatiouns- an Oflenkmoossnamen zesumme mam Ëmweltministère huet och vill Zäit an Usproch geholl, déi eis awer immens wichteg war fir den Impakt op d'Fauna a Flora esou kléng wéi méiglech ze halen.

**Hutt Dir all d'Terrainen?**

De Wandpark Kanton Réiden huet keng Terraine fir d'Opriichte vun de Wandrieder kaf, mee nëmme gepacht. All des Konventioune sinn ënnerschriwwen.

**Wéi genau gesäit de Wandpark Projet elo aus, wéi vill Wandrieder gi gebaut?**

Geplangt an ugefrot gi 5 Anlagen.

**Wouhinner?**

Eng an der Gemeng Ell, 3 an der Gemeng Rammerich an eng an der Gemeng Réiden.

**Wéi héich sinn d'Anlagen?**

D'Anlag zu Foulscht kritt eng Nuewenhéicht vun 149 m an huet ee Rotorduerchmiesser vun 115 m. D'Anlag zu Houlz an déi 3 tëscht Rammerich a Rued hunn eng Nuewenhéicht vun 160 m mat engem Rotorduerchmiesser vun 138 m.

**Wéi eng Leeschtung hu se?**

Di 5 Anlagen hunn eng installéiert Leeschtung vu 4,2MW. Di zu Foulscht muss awer wéinst der limitéierter Netzkapazitéit op 3,5MW gedrosselt ginn.

**Wéi vill produzéieren di 5 Anlagen?**

De Wandpark wäert geschat 52 Mio kWh pro Joer produzéieren, des entsprécht dem Verbrauch vu ronn 11.500 Haushälter (bei engem duerchschnëttlechen Haushaltsverbrauch vun 4.500 KWh/Joer) oder 46.200 Persounen.

**Wat geschitt mam Stroum?**

De Stroum gëtt lokal an d'Netz agespeist.

**Wat fir Kompensatiouns- an Oflenkungsmoossname wäerten ëmgesat ginn?**

Wéi all technesch Anlagen hunn och Wandrieder een Impakt op d'Ëmwelt. Fir dësen Impakt awer op ee Minimum



Fotomontage
vu Lannen aus
*Photomontage vue de Lannen*

ze reduzéiere si beispillsweis fir de Routmilan Staffelmahden virgesinn, déi si vun de Wandrieder oflenke sollen. Fir d'Feldléierche mussen deementspriechend Bléisträifen ugeluecht ginn.

**Mussen d'Anlagen zu bestëmmte Perioden ausgeschalt ginn?**

Wann de Bauer ënnert der Anlag méint, akert oder plout mussen d'Anlagen daagsiwwer fir 5 Deeg ofgeschalt ginn, dëst fir de Risiko ze miniméieren, dass ee Gräifvull mat der Anlag kollidéiert. Bei grousser Migratioun vun Zuchvigel an ageschränkter Siicht (Niwwel) mussen d'Anlage präventiv ofgeschalt ginn. An de Summerméint mussen d'Anlagen nuets zu bestëmmten Amenter fir d'Fliedermais och gestoppt ginn (Temperatur a Wand).

**Ass de Schall an de Schiedworff nach ëmmer respektéiert?**

D'lëtzebuergesch Gesetzgebung ass strikt bei de Schall- an de Schiedimmisiounen, dës Grenzwäerter ginn zu all Moment respektéiert.

**Wéi laang dauert d'Geneemegungsprozedur?**

Mir hoffen, dass mir Ufanks 2023 mat all den Geneemegungen rechne kënnen.

**Wat sinn di nächst Etappen no der Geneemegungsprozedur?**

No der Geneemegungsprozedur muss eng Bauentscheedung vun den Aktionären, also der SOLER an dem Syndicat Kanton Réiden, getraff ginn. No all den Ausschreiwunge kann da mat den Infrastrukturaarbechten ugefaange ginn. Hei mussen d'Zoufaartsweeër, d'Kranplattformen an d'Kabelgrief gebaut ginn. Duerno kënnt dann de Bau vun de Fundamenter, Tierm an den Anlagen.

**Wéini kënne mir mam Ufank vum Chantier rechnen?**

Ofhängeg vum Erhalt vun de Geneemegungen, plange mir am Summer 2023 kënnen unzefänken.

**Wéi laang dauert de Chantier?**

Ab der Bauentscheedung rechne mir de Moment mat enger Bauzäit vu 17 Méint. Ab Hierscht 2024 kéinten am Kanton Réiden also 5 Anlage grénge Stroum liwweren.

**Wéini kënnen d'Bierger hier Parte kafen?**

De genaue Finanzmodell, deen och eng Biergerparticipatioun virgesäit, wäert di nächsten Zäit ausgeschafft ginn. An der Vergaangenheet sinn d'Anlagen ee Joer am Betrib gewiescht, iert d'Parten an d'Vente gaange sinn. Dëst huet et erméiglecht fir méi genau Daten iwwer den Ertrag ze hunn.

**Plangt Dir nach weider Anlagen am Kanton?**

De Wandpark Kanton Réiden huet decidéiert d'SOLER ze beoptragen de gesamte Kanton no weidere potentielle Standuerter z'analyséieren.

KANTON RÉIDEN

**Syndicat Intercommunal Kanton Réiden Maison Worré**
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 334-010
info@kanton-reiden.lu
www.kanton-reiden.lu




Op dëser Kaart fannt Dir di zréckbehale Standorter vun de 5 Wandkraaftanlagen. D'Kaart fannt Dir um Geoportail:
*Sur cette carte vous trouverez les emplacements retenus des 5 éoliennes. Vous pouvez retrouver la carte sur le Géoportail:*
http://g-o.lu/3/CA4m

# Qu'en est-il avec le parc éolien du Canton de Redange ?

*Entretien avec Maxime Kauff, gestionnaire de projets et Guy Uhres, responsable des énergies renouvelables à la Société Électrique de l'Our (SEO).*

**Depuis longtemps, nous n'avons plus entendu parler de notre parc éolien. Où en est-il en ce moment ?**

*Dans l'étude d'impact environnemental, des études supplémentaires ont été nécessaires, ce qui a pris plus de temps qu'initialement prévu. Entre-temps, le dossier d'autorisation a été finalisé et nous allons le déposer en septembre 2022 auprès du Ministère de l'Environnement.*

**Quels problèmes avez-vous rencontrés ?**

*L'éolienne N°6 près d'Ospern n'a pu être réalisée en raison de la présence de la cigogne noire et du milan royal.*

*Sûrement, vous pouvez vous souvenir de l'initiative citoyenne qui s'est formée contre le parc éolien en 2018/19. Après diverses réunions d'information, nous avons pu pour la plupart répondre aux inquiétudes et aux craintes des citoyens.*

*Les négociations avec plusieurs propriétaires ont été plus difficiles et ont pris leur temps. En effet, nous n'avons pas seulement besoin du terrain sur lequel sera érigée l'éolienne, mais dans presque tous les cas les chemins ruraux menant vers le site doivent être temporairement prolongés ou élargis pour permettre le transport des gros éléments de construction.*

*La mise en place des mesures de compensation et d'éloignement définies avec le ministère de l'environnement a également pris beaucoup de temps. Ce volet est très important pour nous, car les mesures permettent de limiter au maximum l'impact sur la faune et la flore*

**Avez-vous tous les terrains nécessaires ?**

*Le „Wandpark Kanton Réiden" n'a pas acheté de terrains pour l'installation des éoliennes, mais les a seulement loués. Toutes les conventions sont signées.*

**À quoi ressemble exactement le projet de parc éolien aujourd'hui et combien d'éoliennes sont construites ?**

*5 sont prévues et demandées.*

**Où se situeront-elles ?**

*1 dans la commune d'Ell, 3 dans la commune de Rambrouch et 1 dans la commune de Redange.*

**Quelle est la hauteur des éoliennes ?**

*L'éolienne de Folschette a une hauteur de nacelle de 149 m et un diamètre de rotor de 115 m. L'éolienne de Holtz et les 3 entre Rambrouch et Roodt/Ell ont une hauteur de nacelle de 160 m avec un diamètre de rotor de 138 m.*



De Chantier vun enger 4,2 MW Anlag zu Esch-Sauer
*Le chantier de construction d'une éolienne de 4,2 MW à Esch-Sauer*
© Soler

***Quelle est leur puissance ?***

*Les 5 éoliennes ont une puissance installée de 4,2 MW. Celle de Folschette doit être bridée à 3,5MW à cause de la capacité limitée du réseau.*

***Combien produisent les 5 éoliennes ?***

*Le parc éolien produira environ 52 millions kWh par an, ce qui correspond à la consommation d'environ 11.500 ménages (avec une consommation moyenne des ménages de 4.500 KWh/an) soit 46.200 personnes.*

***Qu'arrive-t-il à l'électricité ?***

*L'électricité est injectée dans le réseau local et est donc utilisé par les habitants et entreprises de la région. Seul l'excédent part sur le réseau national.*

***Quelles mesures compensatoires et d'éloignement seront mises en place ?***

*Comme toutes les installations techniques, les éoliennes ont un certain impact sur l'environnement. Afin de réduire cet impact au minimum, par exemple, des fauches échelonnées sont prévues permettant d'éloigner le milan royal des éoliennes. Un autre exemple sont les bandes fleuries qui sont aménagées en conséquence pour les alouettes des champs.*

***Les éoliennes doivent-elles être arrêtées à certaines périodes ?***

*Si l'agriculteur fauche ou laboure sous l'éolienne, elle doit être arrêtée durant la journée pendant 5 jours, ceci afin de minimiser le risque de collision avec un rapace. Lors du passage d'oiseaux migrateurs en cas de visibilité restreinte (brouillard), les éoliennes doivent être arrêtées par précaution. Durant les mois d'été, les installations doivent également être arrêtées à certaines heures de la nuit pour protéger les chauves-souris (dépendant de la température et du vent).*

***Les limites du son et l'effet stroboscopique (ombrage) sont-ils toujours respectés ?***

*La législation luxembourgeoise est stricte concernant les émissions sonores et l'ombrage, ces valeurs limites sont respectées à tout moment.*

***Combien de temps dure la procédure d'autorisation ?***

*Nous espérons avoir toutes les autorisations début 2023.*

***Quelles sont les prochaines étapes après la procédure d'autorisation ?***

*Après la procédure d'autorisation, une décision de construction doit être prise par les associés, c'est-à-dire SOLER et le Syndicat Intercommunal. Après le lancement des appels d'offres, les travaux d'infrastructures peuvent commencer. Les chemins d'accès, les plates-formes des grues et les tranchées de câbles doivent être construites. Viennent ensuite la construction des fondations, le montage des tours et des éoliennes.*

***Quand peut-on s'attendre au début de la construction ?***

*En fonction des autorisations, nous prévoyons démarrer en été 2023.*

***Combien de temps durera le chantier ?***

*A compter de la décision de construction, nous prévoyons actuellement un délai de construction de 17 mois. Dès l'automne 2024, 5 éoliennes pourraient produire de l'électricité verte dans le canton de Redange.*

***Quand les citoyens peuvent-ils acheter leurs actions ?***

*Le modèle financier exact, qui prévoit également la participation des citoyens, sera élaboré dans un proche avenir. Dans le passé, les éoliennes étaient opérationnelles pendant un an avant que les parts ne soient mises en vente. Cela a permis d'avoir des données plus précises sur le rendement.*

***Envisagez-vous d'autres éoliennes dans le canton ?***

*Le „Wandpark Kanton Réiden" a décidé de charger SOLER d'analyser l'ensemble du canton pour d'autres emplacements potentiels.*

KANTON RÉIDEN

**Syndicat Intercommunal Kanton Réiden Maison Worré**
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 334-010
info@kanton-reiden.lu
www.kanton-reiden.lu

# BEI DE GEMENGEWALEN 2017 WARE 35,78% VUN ALLE KANDIDATINNEN A KANDIDATE WEIBLECH, AN ET GOUFE 24,75% FRAE GEWIELT!

D'PARTICIPATIOUN VU FRAEN AN DER LOKALER POLITIK ASS NACH WÄIT EWECH VUN ENGER GUDDER MIXITÉIT. DOFIR D'KAMPAGNE „EGALITÉIT LIEWEN" MAM OPRUFF UN ALL D'GEMENGEN, MATZEMAACHEN.

**ENGAGÉIERT IECH ELO AKTIV AN ÄRER GEMENG FIR MÉI EGALITÉIT OP ÄREM TERRITOIRE!**

## ZESUMMEN D'EGALITÉIT LIEWEN

EGALITÉIT LIEWEN!

AM KADER VUN DE GEMENGEWALEN 2023

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité entre
les femmes et les hommes

megagemengen.lu


@luxembourgmega



# D’Wärmepompel, déi nei Wonnerléisung?

Iwwerall gëtt d’Wärmepompel als di nei Wonnerléisung fir ze hëtze beschwuer. Ass d’Wärmepompel wierklech DÉI Léisung, och fir méi al an energiehongreg Haiser, oder ass dëst eng Moudesaach an et mécht een sech nëmmen aarm mat den explodéierende Stroumkäschten?

Beim Heize gewannen d’Wärmepompelen hier Energie bis zu ¾ aus erneierbaren Energië wéi Loft, Buedem oder Waasser.
© Daikin




Dëst a villes méi, hu mir eise kantonalen Energieberoder, de Marcel Barros, gefrot.

**Wat sinn d’Virdeeler vun enger Wärmepompel? Si soll vill méi „effizient“ si wéi eng Masutt- oder Gasheizung, wat heescht dat?**


De grousse Virdeel vun enger Wärmepompel (WP) ass deen, dat nëmmen ee klénge Deel vun der Energie, déi si brauch och tatsächlech bezuelt muss ginn. Eng WP zitt nämlech ronn 75% vun hirer Energie aus der Ëmwelt (ass also gratis), an de Rescht (25%) aus der Steckdous. An anere Wierder, mat 1 kWh Stroum ka si tëscht 3-5 kWh Hëtzes produzéieren. Bei enger Masuttsheizung ass dëst Verhältnis 1:1.

**A wéi gesäit et mam Käschtepunkt aus? Wat kascht esou eng nei Wärmepompel mat der Installatioun?**

De Käschtepunkt läit bei ca. 30.000 € + TVA, mee do ginn awer nach eng ganz Rei Primmen of: vum Staat, vun der Gemeng, Enoprimes a Fonds Nova Naturstroum. Dës Bäihëllefen all zesumme kënne sech op max. 20.000 € belafen (gëlteg bis Enn 2022). Dobäi kënne di meescht Persounen och nach di 3% TVA ufroen.

**Wéi vill Stroum verbraucht eng Wärmepompel, huele mir mol einfach een Haus wat 3.000 Liter Masutt am Joer verbraucht? Wat kascht mech dat pro Joer u Stroum? Wéi gesäit et aus wann de Stroumpräis 40% eropgeet?**

Den Heizwäert, deen aus 3.000 Liter Masutt benotzbar ass, entsprécht ongeféier 7.400 kWh Stroum. Dat mécht mat den haitege Stroumpräisser ca. 1.850 €, nieft dem normale Stroumverbrauch. Wann de Stroumpräis ëm 40% erop geet, da ginn dat ca. 2.600 €. Mam aktuelle Masuttsverbrauch vu 1,3 €/L bezuele mir elo schonn 3.900 € fir 3.000 L Masutt. A wann de Stroumpräis erop geet, wäert de Masuttspräis och warscheinlech nach iwwer di 1,3 €/L klammen.




**A sou laang de Stroum net 100% aus erneierbaren Energie kënnt, ass eng Wärmepompel awer och net ganz ekologesch…**

Eise Stroum besteet aus engem Mix vu verschiddenen Energiequellen: Waasserkraaft, Gas, Atom, Kuel, Wandkraaft, Biomass, Sonnenenergie. Den Undeel vun den erneierbaren Energiequellen an dësem Mix gëtt mat de Joren ëmmer méi grouss, dat heescht, datt eise Stroum ëmmer méi „gring“ gëtt (2010: 21,8% - 2021: 56,3%). Aus där Ursaach ass de Stroum, deen eng Wärmepompel haut verbraucht, schonn däitlech méi ekologesch wéi wann ech main Haus réng mat Masutt oder Gas hëtze géif.

**Wéi gesäit et mam Kaméidi aus? Ass ee Sträit mat mengen Nopere mat enger WP virprogramméiert?**

De Schallpeegel vun enger WP gëtt scho säit laangem streng iwwerwaacht, ebe fir d'Noperen net domat ze belästegen an d'Akzeptanz ze garantéieren. D'Chambre des Métiers muss eng Receptioun vun der WP maachen a kontrolléiert dee Moment och de Schallpeegel.

**Ass d'Wärmepompel och wierklech di grouss Léisung, fir méi eeler Haiser, déi weder energetesch sanéiert goufen nach Foussbuedemheizung hunn? Kréien ech mäin Haus iwwerhaapt waarm genuch am Wanter mat enger Wärmepompel?**

Dat ass di grouss Fro, déi een net pauschal beäntwerte kann. Am Fall vu schlecht isoléierten Haiser, roden ech an enger éischter Phase, déi besteeënd Masuttsheizung a Betrib ze loossen. Déi bild da mat der WP een „Hybridsystem“, wou d'Stäerkte vun béide Systemer optimal genotzt ginn.

Fir d'Subside vun enger WP an dësem Fall ze kréien, hutt Dir 5 Joer Zäit fir Äert Haus energetesch ze verbesseren (Isolatioun vum Daach a Kellerplafong a vun den Aussemaueren, nei Fënsteren). Soubal Dir d'WP hutt, spuert Dir awer schonn 2/3 vum Masutt an. No den Aarbechten, gëtt da berechent, ob d'WP et eleng packt fir Ärt Haus waarm ze kréien. Dëst ass normalerweis dann de Fall.

**Dat heescht, ech muss mäin Haus net komplett energetesch sanéiert hunn iert ech eng Wärmepompel installéieren? Ech kann d'Sanéierung och zu engem spéideren Zäitpunkt ugoen?**

Jo, genau. D'WP kann zimmlech direkt agebaut ginn, an da kann - falls néideg - an enger 2. Phase di thermesch Hülle vum Haus verbessert ginn.

**A wéi wier et wann ech mäin eegene Stroum produzéiere géing fir d'Wärmepompel ze bedreiwen?**

Jo, dat geet, awer nëmme bedéngt, d.h. datt ech mat enger Photovoltaikanlag ca. 1/3 vum eegene Solarstroum benotze kann. De Rescht vum Stroum muss ech awer nach akafen. Di nei WPs sinn hautdesdaags „Smart grid ready“ d.h. dat d'WP de Stroum vu menger Solaranlag ganz geziilt dee Moment notzt, wann e produzéiert gëtt. Nuets leeft d'WP dann esou wéineg wéi méiglech, well de Stroum da muss am Netz akaaf ginn.

**Ech fäerten, datt meng Energierechnungen dëse Wanter wéi verréckt klamme wäerten a mir eis d'nächst Joer keng Vakanz méi kënne leeschten. Wat kann ech ELO maachen?**

**A wéi wier et wann ech mäin eegene Stroum produzéiere géing fir d'Wärmepompel ze bedreiwen?**




Quelle: Heizsparer.de




**Marcel Barros**, den Energieberoder vum Kanton Réiden

1. **Durchlauferhitzer fir d'Waarmwaasserproduktioun am Summer:** Eng Masuttsheizung verbraucht ca. 500 Liter am Summer nëmme fir Waarmwaasser ze produzéieren. Mat engem Durchlauferhitzer, kann ech d'Masuttsheizung wärend dem Summer ausschalten a spueren esou vill Masuttskäschten. Een Durchlauferhitzer mat Montage kascht ca. 1.300 €.

2. **Korrekt Astellung vun der Heizung**: Oft ass d'Heizung schlecht agestallt, a leeft mat vill ze héijen Temperaturen. Heiansdo leeft d'Heizungspompel och de ganze Summer duerch a verbraucht natierlech vill Stroum (80 Watt x 24 h x 150 Deeg = 288 kWh x 0,25 €/kWh = 72 €).

3. **Solarthermie:** Fir d'Waarmwaasserproduktioun am Summer rentéiert sech bei den haitege Masuttspräisser an nëmmen e puer Joer (erfuerderlech Fläch: ca. 5 m² fir Waarmwaasser oder 10 m² fir Waarmwaasser AN Heizungsënnerstëtzung).




4. **Inverter Split-Gerät:** Hannert dësem komplizéiertem Wuert verstoppt sech eng Loft-Loft-Wärmepompel, déi esouwuel killen (Klima-Anlag) wéi och hëtzen (waarm Loft) kann. Si huet ee gudde Wierkungsgrad a produzéiert mat all kWh Stroum ca. 3-4 kWh Wiermt. D'Käschte fir esou ee Gerät leien tëscht 5.000 € an 10.000 € jee nodeems wéi vill Reim ech domat hëtze wëll. Dëst ass also eng méi gënschteg Alternativ.

5. **Holzuewen:** Een Holzuewen, deen den aktuellen Ofgasnormen entsprécht ass eng gutt Optioun, zemools fir di kal Wanterowender.

6. **Wärmepompel:** Den Abau vun enger Wärmepompel mécht an de meeschte Fäll Sënn, muss awer mam Installateur ofgeschwaat ginn (entweder bivalent, also kombinéiert mat der besteeënder Masuttsheizung oder als Komplettheizung ouni Masutt).



7. **Isolatioun vum Haus:** Dëst ass eng wichteg Moossnam, well ech trotz engem méi héijen Investment mäin Haus dauerhaft méi effizient maachen. D'Zäite vun de bëllegen Heizkäschte si leider eriwwer. Mat enger besserer Isolatioun erhéijen ech och de Wäert vum Haus.

**Ass dës Energiekris net nëmmen eng temporär Geschicht? Mécht et Sënn lo dowéinst esou grouss Investissementer ze maachen a wann de Masutt geschwënn erëm seng gewinnten 0,3 €/Liter kascht, sëtze mir op eise Käschten ...**

Wa mir di aktuell geopolitesch Situatioun mam Krich an der Ukrain méi genee ukucken, da versteet een direkt, datt eis Energiepräisser net esou séier, wann iwwerhaapt, erof wäerte goen.

Ech denken, dat mir eis mussen - esou gutt et geet - energetesch onofhängeg maache vun anere Länner, zemools wann déi Länner d'Mënschenrechter net respektéieren.



**Wand- a Solarenergie kann ee bal iwwerall notzen. Ee gutt Beispill ass Dänemark, wou d'Solarthermie op risege Fläche genotzt gëtt fir Heizzwecker, mee et natierlech och richteg vill Photovoltaik a Wandparke ginn. Dänemark läit aktuell nach virun Däitschland mat engem 28% Undeel un erneierbaren Energiequellen am Gesamtenergiebedarf.**

**Réidener Energieatelier**
43, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 33 44
info@energieatelier.lu
www.energieatelier.lu



# NORDPOOL

Är Schwämm zu Colmer-Bierg

RUE DE L'ÉCOLE

**L-7730 Colmar-Berg**

- *Cours de natation ENFANTS*
- *Cours de natation ADULTES*
- *Cours AQUATIQUES*

*Spill, Spaass, Sport*

+352 835 543 342

INFO@NORDPOOL.LU

nordpool.lu



## HORAIRE NORMAL

| | |
|---|---|
| LU | FERMÉ |
| MA | 14H00-20H30 |
| ME | 12H00-13H30 |
| | 16H00-20H30 |
| JE | 14H00-20H30 |
| VE | 16H00-20H30 |
| SA | 12H00-18H00 |
| DI | 08H00-18H00 |



## SPILL & SPAAS

- Grand Toboggan
- Bateau Caraïbes Bébés
- Canal contre-courant
- Ecran géant
- 2 Bassins enfants

## HORAIRE VACANCES

| | |
|---|---|
| LU | FERMÉ |
| MA | 12H00-20H30 |
| ME | 12H00-20H30 |
| JE | 12H00-20H30 |
| VE | 12H00-20H30 |
| SA | 12H00-18H00 |
| DI | 08H00-18H00 |

## WELLNESS & SPORT

- Whirlpool
- Hammam
- 1 Bassin-nageur 25m
- 1 Bassin-nageur 16m
- Plage extérieur



## VACANCES D'ÉTÉ

| | |
|---|---|
| LU | FERMÉ |
| MA | 10H00-20H30 |
| ME | 10H00-20H30 |
| JE | 10H00-20H30 |
| VE | 10H00-20H30 |
| SA | 12H00-18H00 |
| DI | 08H00-18H00 |




La ZA Solupla en 2022 © SIRK

# Les zones d'activités du Syndicat Intercommunal du Canton de Redange

Lors de la création du Syndicat Intercommunal du Canton de Redange en 1990, un des objectifs principaux était la création d'emplois, favorisée par l'établissement de zones d'activités intercommunales. Une approche stratégique au niveau cantonal visant la concentration des activités sur un nombre limité de sites a permis par la suite d'empêcher le développement dispersé de nombreuses petites zones d'artisanats dans les différentes communes et de préserver ainsi la terre arable.

En 1999, le Syndicat Intercommunal a repris les deux zones d'activités (ZA) communales existantes qu'il gère jusqu'à présent: la ZA Solupla à Redange et la ZA Riesenhaff/Koetschette. Cette reprise par le Syndicat intercommunal, transformant ces deux sites ainsi en ZA régionales, permet de solliciter davantage d'aides de la part de l'État.

Lors d'une nouvelle implantation, les entreprises payent un montant unique comme participation aux frais d'infrastructure. Elles ont alors le droit de construire sur le terrain et de l'utiliser à des fins industrielles, commerciales et artisanales pendant 30 ans. S'y rajoute un loyer annuel qui s'élève actuellement à 50 €/are, ajustable en fonction des frais courants incombant. Une clause importante du contrat est que les entreprises ne sont pas propriétaires des parcelles, mais bénéficient uniquement d'un droit de superficie sur ces 30 ans.

KANTON
RÉIDEN

**Syndicat Intercommunal Kanton Réiden Maison Worré**
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 334-010
info@kanton-reiden.lu
www.kanton-reiden.lu

Il en résulte que la vente des bâtiments érigés par les entreprises nécessite impérativement l'accord du Syndicat et du Ministère de l'Économie quant au nouveau superficiaire.

Un critère de sélection du Syndicat Intercommunal est que les entreprises ont un lien avec la région, qu'elles s'alignent dans les traditions économiques du Canton et qu'elles ne polluent pas démesurément nos ressources naturelles.

## La ZA Riesenhaff

Elle se situe le long de la Nationale 23 entre Koetschette et Flatzbour dans la commune de Rambrouch. Actuellement couvrant une superficie de 5,66ha, elle accueille 13 entreprises employant 436 personnes.

Récemment, des travaux d'infrastructures ont été réalisées, dont un nouveau revêtement de la voirie, une station de pompage menant les eaux usées à la canalisation de Flatzbour, un renouvellement des réseaux des eaux usées et pluviales ainsi qu'un bassin de rétention d'eaux pluviales.



La ZA Riesenhaff avec son nouveau revêtement de voirie. © SIRK




Cette photo aérienne montre la surface initiale lors de la reprise en 1999 (0), la première extension de 2002/3 (1), la 2me extension de 2012/14 (2) et la 3me extension en cours de préparation (3)

## La ZA Solupla

Cette zone d'activités régionale a été créée sur l'ancienne friche industrielle de la fabrique Solupla, présentant une superficie de 1,8ha.

A la première extension dans les années 2002-2003, succédait une deuxième extension entre 2012-2014. La planification pour la troisième extension est en cours résultant en une surface totale de 18ha.

Actuellement 22 entreprises employant 370 personnes sont implantées dans la ZA Solupla. Cette 3me extension permettra d'accueillir au total un maximum de 65 entreprises, dépendant de la taille des parcelles allouées.

Les entreprises intéressées à acquérir un terrain dans cette nouvelle phase seront évaluées et sélectionnées selon un catalogue de critères prédéfinis, intégrant les valeurs du Syndicat Intercommunal. Un appel à manifestation sera lancé dans les mois à venir.

Le plan ci-dessous est le Plan d'Aménagement particulier (PAP) pour cette phase d'extension.

Dans la conception de cette phase, le Syndicat Intercommunal met un accent particulier sur la durabilité, l'économie circulaire, la production d'énergie renouvelables, l'infrastructure pédestre et la végétalisation des espaces publics.

Ainsi, par exemple 50% de la surface des toitures sont à utiliser pour la production d'énergie et toute nouvelle construction doit disposer d'une installation de récupération et de stockage des eaux pluviales.




**Pour plus d'informations sur ces deux ZAC, contactez le secrétaire du Syndicat Intercommunal**
**Nico Kraus - T 28334-010**
**nico.kraus@kanton-reiden.lu**



# Miwwelfestival Redange Intérieur

## De ganze Mount Oktober zu Réiden! Samschdes, 1. & 15. Oktober ass op

Redange Intérieur, dat ass d'Schräinerfamill Mairesse, déi zanter 2018 zu Réiden Dramkichen an aner Miwwelen op Mooss realiséiert a perfekt un är Besoinen upasst. Zäitgenëssesch oder traditionell, hei kri Dir Kiche fir all Budget! De grousse Showroom am Loftstil, weist um Rez-de-Chausée wat alles am Beräich Kiche méiglech ass, vu Fronten am Laminat, Massivholz, hallef Massivholz oder Melamin esou wéi och e grousse Choix un Aarbechtsplacken a vill verschiddene Matièren. Och um Niveau vun de Kichenapparater sinn all grouss Marke vertrueden: Siemens, AEG, Bosch, Smeg, Bora, Boretti, Beko an nach vill anerer. Um éischte Stack sinn e.a. Schief, Bürosariichtungen, Dressingen, Stuffemiwwelen an ausgefalen Iessdëscher ausgestallt. Et gesäit een op engem Bléck, wat d'Famill Mairesse alles fir Iech gekonnt ëmsetze kann!

Kommt op Réiden, wärend dem Miwwelfestival am Mount Oktober och samschdes, a frot Iech ären Devis. Äre Projet kri Dir selbstverständlech fachmännesch am 3D presentéiert. A well d'Qualitéit den A an den O bei Redange Intérieur ass, kri Dir och mat rouegem Gewëssen 10 Joer Garantie op de Kichemiwwelen.

REDANGE INTÉRIEUR
CUISINES ÉQUIPÉES · MOBILIER SUR MESURE

**Interieur Redange**

Z.A.E Solupla Redange
T +352 28 79 72 99
info@redange-interieur.lu
www.redange-interieur.lu

Ëffnungszäiten dënschdes bis freides: 9h30 -17h00, samschdes op RDV, speziell op den 1. & 15. Oktober.




















# *Festival du meuble durant tout le mois d'octobre!*

## *Ouvertures spéciales les samedis 1 et 15 octobre*

***Redange Intérieur, un cuisiniste professionnel qui vous conçoit une cuisine unique, sur mesure et adaptée à vos besoins.***

*Mobilier contemporain ou traditionnel, pour cuisiner dans un univers moderne ou authentique à travers une gamme de mobilier de grande qualité. Redange Intérieur peut concevoir des cuisines pour tous les budgets!*

*Venez nous rendre visite dans notre showroom situé dans le Zoning Solupla de Redange depuis novembre 2018 afin de découvrir un grand choix de façades, en stratifié mais également en bois massif, semi-massif et mélaminé, ainsi que divers plans de travail.*

*Gage de sérénité, la vaste gamme de cuisines est garantie 10 ans. Et pour l'équipement électroménager, Redange Intérieur collabore avec diverses marques tels que Siemens, AEG, Bosch, Smeg, Bora, Boretti, Beko et bien d'autres encore.*

*Ensemble, nous pourrons discuter en détails de vos attentes afin de vous réaliser un devis complet et votre projet en plan 3D.*

*Les rangements ne s'oublient pas.*

*Le mobilier d'intérieur créé de nouveaux espaces de rangements pour mieux aménager votre intérieur. Agencez votre habitation avec la possibilité d'y introduire des placards, dressings, meubles TV, bureaux, ou encore tout autre mobilier.*

*Redange Intérieur vous propose tout type de mobilier sur mesure pour le bien-être de chacun, avec du charme et du caractère.*

*Un suivi personnalisé dès la création de votre projet, mais aussi pendant et après sa concrétisation. Notre société se démarque de plus en plus auprès de ses clients, qui sont toujours très satisfaits de nos travaux.*

# De „Pakt vum Zesummeliewen" - Update

*Le „Pakt vum Zesummeliewen" - Mise à jour*







De „Pakt vum Zesummeliewen" entwéckelt sech. Mir hu fir d'éischte Kéier e „Kinosummer am Kanton Réiden" organiséiert. Den Open Air Kino wor dëst Joer an de Gemengen Ell a Préizerdaul mam Zil, verschidde Generatioune mat verschiddene kulturellen Hannergrënn, aus alle Gemengen aus dem Kanton an der Summervakanz zesummen ze bréngen. Et wor d'Méiglechkeet, fir eng gemeinsam Erfarung ze maachen an d'Geleeënheet fir duerno bäi engem Patt kënnen zesummen ze diskutéieren an auszetauschen. Interesséiert lokal Veräiner kruten och d'Méiglechkeet wärend dësem Open Air sech ze presentéieren.

Gläichzäiteg hu mir mam „Pakt vum Zesummeliewen" d'Geleeënheet genotzt fir d'Campagne „Je peux voter" ze promoten. Déi adresséiert sech un eis auslännesch Matbierger, falls se dat bis elo nach net gemaach hunn, ze motivéiere fir d'nächst Joer bei de Gemengewale wielen ze goen. Déi politesch Participatioun soll iwwregens och an nächster Zukunft am Mëttelpunkt vun eiser Aarbecht am Kanton stoen.

De nächste grousse Schrëtt fir d'Leit an de Gemeinschafte besser ze verbannen ass de Start vum Hoplr am Oktober. Dëst ass e soziaalt Netzwierk, wat de Kanton Réiden am Kader vum „Pakt vum Zesummeliewen" wëll an alle Gemengen aféieren. Dëst digitaalt Gemeinschaftsnetz ass gratis fir Noperen, et gi keng perséinlech Donnéeë verkaf an ass och fräi vu Reklammen. Fir en éischten Androck ze kréien, invitéiere mir Iech fir op www.hoplr.com/lb kucken ze goen.

D'Zil vum Hoplr ass, datt d'Noperen sech an hir Uertschaft nach besser kenne léieren a méi einfach matenee kommunizéiere kënnen. No der Summervakanz kréien all d'Stéit an der Gemeng en Invitatiounsbréif fir sech anzeschreiwen. D'Participatioun ass natierlech fräiwëlleg. Aktuell benotze schonn ongeféier 10 Gemengen am Land den Hoplr. Déi App erméiglecht ënner anerem, Neiegkeeten ze deelen, Saachen ze léinen an ëm Hëllef ze froen.




Le „Pakt vum Zesummeliewen“ se développe. Pour la première fois, nous avons organisé un „Eté du cinéma dans le Kanton Réiden“, un cinéma en plein air - cette année dans les communes d’Ell et de Préizerdaul - dans le but d’attirer des personnes de différentes générations, d’horizons culturels différents, de toutes les communes du canton pendant les vacances d’été pour une expérience partagée et l’occasion de pouvoir ensuite s’échanger autour d’un verre sur ce qu’ils ont vécu. Les clubs locaux intéressés ont eu également la possibilité de se présenter.

Parallèlement, avec le „Pakt vum Zesummeliewen“, nous avons profité de l’occasion pour promouvoir la campagne „Je peux voter“ pour motiver nos compatriotes étrangers, qui ne l’ont pas encore fait, à voter aux élections locales de l’année prochaine. La participation politique devrait également être au centre de notre travail dans le canton dans un avenir proche.

La prochaine grande étape pour mieux connecter les habitants des communes est le lancement de Hoplr en octobre, un réseau social que le Kanton Réiden va introduire dans toutes les communes dans le cadre du „Pakt vum Zesummeliewen“. Ce réseau communautaire numérique est gratuit pour les voisins, les données personnelles ne sont pas vendues et il est exempt de publicité. Pour avoir une première impression, veuillez consulter une fois sur la page d’accueil: https://www.hoplr.com/lb.

L’objectif de Hoplr est que les voisins puissent encore mieux se connaître et mieux connaître leur quartier et communiquer plus facilement entre eux. Après les vacances d’été, tous les foyers de la commune reçoivent une lettre d’invitation à s’inscrire. La participation est bien sûr volontaire. Actuellement, une dizaine de municipalités du pays utilisent déjà le Hoplr. L’application permet, entre autres, de partager des nouvelles, d’emprunter des choses et de demander de l’aide.




Pakt vum Zesummeliewen
KANTON REIDEN
hoplr

**Pakt vum Zesummeliewen**
**Maison Worré**
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 334-210
karsten.kuepper@kanton-reiden.lu
www.zesummeliewen.lu

# Vëlosummer 2022 am Kanton Réiden

Wärend zwee Weekender wor de Kanton Réiden Gaascht fir de Vëlossummer 2022. Den 20./21. an de 27./28. August woren honnerte vu Vëlosfuerer op eisem Wëlle Westen Tour ënnerwee.



Den Tour vun 30km, dee säin offiziellen Depart um Park & Ride Schweebecherbréck hat, huet d'Vëlosfuerer duerch e puer vun de flottsten Ecker am Aterdaul gefouert. Een Highlight war sécherlech, dass d'Vëlosfuerer d'Chance hate fir di gespaarte Stroossen (CR301) tëscht Schweech a Kapweiler, souwéi tëscht Biekerech an Ell an aller Rou ze genéissen.

D'Mataarbechter vun der Ponts & Chaussées vu Réiden hunn dofir gesuergt, dass den Tour ganz kloer ausgezeechent war an dass d'Barrière vun de gespaarte Stroossen an den Deviatiounen all op- an ofgeriicht goufen. Mir soen hinnen ee ganz grousse Merci fir hiren onermiddlechen Asaz.

Mir hoffen, dass eis Regioun och d'nächst Joer erëm mat engem schéinen Tour beim Vëlosummer derbäi däerf sinn!

KANTON RÉIDEN · VISIT WËLLE WESTEN · Visit Guttland

# Kulinaresche Vëlostour 2022 am Wëlle Westen

De 17. Juli 2022 war et no zwee Joer Paus erëm endlech esou wäit: de 4. Kulinaresche Vëlostour am Wëlle Westen ass mat 70 Vëlosfuerer zu Wal un den Depart gaangen.

Dëst Joer ass et iwwer 27km an ëmmerhin 587 Héichtemeter duerch d'Gemenge Rammerich a Wal gaangen. Och wann dësen Tour méi ustrengend war wéi di leschte Joren, ass ee mat enger Hellewull u prächtege Vue belount ginn. D'Wieder war genau dat richteg fir um Vëlo ze sëtzen: sonneg ouni ze héich Temperaturen.

An op de 4 kulinaresche Statiounen huet kee Vëlosfuerer missen Honger leiden. Bei der Auswiel vum Iesse gouf grousse Wäert op regional a biologesch Produkter geluecht souwéi op eng Veraarbechtung am Kanton. De Service gouf vu ganz engagéierte Veräiner garantéiert, deene mir hei wëllen ee grousse Merci ausdrécken: Chorale Ste Cécile vu Foulscht, Jugendkommissioun US Rammerich, Amicale Pompjeeën Ueschdref Bilschdref an den FC Excelsior vu Gréiwels.

Ee grousse Merci och un all d'Vëlosfuerer, déi dësen Tour ënnerstëtzt hunn an un d'Gemeng Rammerich, déi eis d'Räimlechkeeten zur Verfügung gestallt huet.





KANTON RÉIDEN · VISIT WËLLE WESTEN

# Experiment: Solar-Ravi

Den 1. Solar-Ravi aus dem Land ass Mëtt August zu Useldeng opgestallt ginn. Hei konnten de Vëlosfuerer vum Vëlosummer hiren Duuscht läschen.

**Wat ass ee Solar-Ravi?** Et handelt sech ëm ee Schaf mat engem Frigo, deen un eng Batterie ugeschloss ass, déi vun engem Solarmodul hier Energie kritt. De Solar-Ravi hänkt also net um Stroumnetz.

Am Solar-Ravi leie Gedrénks (Limonade, Jus a Waasser) a Snacke fir de Verkaf bereet. De Prinzip baséiert op d' Éierlechkeet a mir hoffen, dass sech all Mënsch un d'Spillreegelen hält. Dëst ass een Experiment a wann et funktionnéiert, kënnen nach weider Solar-Ravie bäikommen.

De Solar-Ravi funktionéiert mat Cash (Euro oder Beki) a mat Payconiq.

Eist Naturschutzgesetz schreift vir, dass de Solar-Ravi net däerf an der Gréngzone stoen. No engem éischte Stopp zu Useldeng hannert der Kanoun, ass de Schaf op Näerden vàv vun der Gare gereest. Iwwert de Wanter wäert de Solar-Ravi awer erageholl ginn.

Mir hoffen, dass dëse Solar-Ravi Iech nach méi Loscht gëtt fir ze Fouss oder um Vëlo ënnerwee ze sinn. Wat ass an dëser hektescher Zäit besser fir ee fräie Kapp ze kréie wéi Beweegung an der Natur? An duerno ass eng kléng Stäerkung aus dem Solar-Ravi genau dat richtegt!

De Solar-Ravi gouf am Kader vun engem Leader - Projet zesumme mat Proffen a Schüler aus dem ALR gebaut. Mir soen hinnen ee grousse Merci fir hier vill Aarbecht a Motivatioun.

Een décke Merci geet och un d'Gemengen, déi gewëllt sinn, dem Solar-Ravi een Doheem ze ginn.







KANTON RÉIDEN

VISITWËLLEWESTEN

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.

**Syndicat Intercommunal**
**Kanton Réiden**
**Maison Worré**
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 334-040
mobil@kanton-reiden.lu
www.kanton-reiden.lu

# Maison Bous-Goergen

## Iwwert d'Liewen, d'Léift an den Doud

Mir treffen eis mam Sandra Bous a Liewenspartner Laurent Konzem an der Groussgaass zu Réiden an de moderne Raimlechkeete vu Maison Bous – Goergen. D'Atmosphär ass frëndlech a waarmhäerzeg, obwuel hei den Doud am Mëttelpunkt steet, Sandra Bous: *„D'Trauer ass en Deel vun eisem Alldag, awer mir léieren d'Mënsche vun enger immens perséinlecher an och verletzlecher Säit kennen. Hei kënnen déi Hannerbliwwe sech goe loossen. Se gi vun eis opgefaangen a betreit. Net seelen entstinn hei och Frëndschaften oder et gëtt een als Deel vun der Famill ugesinn. Dat ass eng vun den Ursaachen, firwat eise Beruff definitiv och ganz schéi Säiten huet.*"

Eng besonnesch schéin Erfarung huet déi soudéiert Koppel dann och wärend den Aarbechtsstonnen op der Musel erlieft, Laurent: *„2015 hunn ech als Aarbechter op der Gemeng Mertert geschafft. Do hat ech et, bei engem Begriefnis, mat enger nawell immens dynamescher an zéier Madamm Bous ze dinn, déi hire Kapp schéin duerchgesat krut fir d'Zeremonie… et wor Léift op den éischte Bléck!*" Doraus ass eng richteg schéin „Family Affair" entstanen, Sandra: *„Mäi Papp wor jo laang Doudegriewer zu Dikrech an huet do enk mat Pompes Funèbres Erny Schaack zesummegeschafft, bis datt hien dunn 2004, zesumme mat menger Mamm, de Betrib iwwerholl hat. Ech hu mech dunn 2013, no menger Ausbildung als Infirmière, och offiziell am Familljebetrib engagéiert an, mat mengem Papp (Guy Bous) als Associé, no senger Pensionéierung 2017, de Betrib weidergefouert. Zu dem Ament huet de Laurent sech zu Dikrech op der Gemeng als Doudegriewer gemeld an ass souzesoen an d'Foussstapfe vu mengem Papp getrueden. Net nëmme mir hunn eis fonnt, mee och déi 2.*"

Nieft senger Aarbecht ass de Laurent awer och staark am Betrib engagéiert an entlaascht d'Sandra wou et nëmme méiglech ass, Sandra: *„Et ginn Zäiten, do ass esou vill beieneen, datt däi Beruff un der frësst. Dat packt ee just, wann een déi richteg Stäip huet. Dat hunn ech engersäits duerch meng gutt Aarbechter, mengem Papp, deen nach ëmmer hëlleft, menger Mamm, déi sech ëm d'Bürosaarbechte këmmert an anerersäits duerch deen onermiddlechen an onersetzbaren Asaz vum Laurent. Dese Betrib kann ech mir ouni hie guer net méi virstellen!*"

D'Sandra huet säi Beruff net geléiert mee vu klengem un vun doheem aus erlieft. Déi familiär Atmosphär am Betrib, den Zesummenhalt an der Famill an och d'Deele vun den Erfarungen hëllefen déi schwieregst Momenter z'iwwerwannen, Sandra: *„Dat gëtt eis déi néideg Kraaft, fir all Stierffall dee selwechten Effort ze ginn. Mir suergen derfir, datt déi individuell Wënsch vun den Hannerbliwwenen ëmgesat ginn. Esou kënnen si sech voll a ganz op d'Begriefnis konzentréieren an an aller Dignitéit Ofschid huelen.*"

D'Sandra Bous ass nieft dem Betrib och nach Generalsekretärin vun der FPF-FDA ( Fédération des Entreprises des Pompes Funèbres et de Crémation du Grand-Duché de Luxembourg), Sandra: *„Aktuell kann net all Wonsch dem Client erfëllt gi well d'Gesetz an d'Jore komm ass. Mir engagéieren eis dofir, datt dëst iwwerschafft, respektiv moderniséiert gëtt.*"

**Servicer am Iwwerbléck:**

- Administrativ Prozeduren virum Begriefnis (Annonce, Ofmelle Gemeng, …)
- Rapatriement vum Verstuerwenen (nationalen & internationalen Transport)
- Ënnerstëtzung fir de Verstuerwenen (Betreiung, Kleeder, Sarg)
- Organisatioun Begriefnisser (Ukënnegung, Wiel Sarg oder Urn, Blummen, Dekoratioun, Musek, Foto & Video, …)
- Krematioun mat Begriefnis, Streeën vun den Äschen
- Prozeduren nom Begriefnes
- Begriefnesversécherungskontrakter, déi Iech et erlaben, äert Begriefnes ze plangen. Dat garantéiert, datt Är leschte Wënsch respektéiert ginn an datt Är Nokommen emotional a finanziell entlaascht ginn.

**Maison Bous-Goergen Pompes Funèbres**

50, Groussgaass - L-8510 Réiden - T + 352 621 186 530 / + 352 23 62 10 67 / T + 352 26 87 60 53 - s.bous.pf@gmail.com - www.bousgoergen.lu

Pompes Funèbres Bous Goergen


Bous • Goergen
Pompes Funèbres
Bestattungsunternehmen
Le malheur
de t'avoir perdu
ne doit pas
nous faire oublier
le bonheur de
t'avoir connu



# „Eleng gi mir méi séier, zesumme gi mir méi wäit!“

**Vibrerlocal.lu**, déi alternativ Plattform fir Partizipatioun & Crowdfunding






Vibrerlocal ass e Projet, deen 2014 vum Laurent Roussel am Québec an d'Liewe geruff ginn ass, dat an Zesummenaarbecht mat sengem Brudder Pascal, deen zu Lëtzebuerg am Finanzsekter aktiv wor an haut och nach ass. Et ass hier Äntwert op 3 Problemer, op déi déi Leit stoussen, wa se e Projet ëmsetze wëllen:

## ISOLATIOUN

D'Leit hunn Iddien a Projeten, fille sech awer eleng fir se auszeféieren. Si sinn net ëmmer vum „richtegen" Netzwierk ëmginn, déi se ënnerstëtze kéinten.

## INAKTION

D'Leit zécke fir ze handelen, si hunn Ängscht, Zweifel oder souguer Schwieregkeeten fir sech z'organiséieren.

## ËNNERFINANZÉIERUNG

Et ass dacks schwéier finanziell Mëttelen ze fannen fir e Projet unzefänken.

Als Léisung op dës Erkenntnisser, huet d'Entwécklung vun enger lokaler online Plattform ugefaang, déi Treffen, Aktiounen, Schafe vu Projeten a Mikrofinanzéierungen erliichtert: vibrerlocal.com, a méi spezifesch fir d'Leit aus Lëtzebuerg via vibrerlocal.lu.

Dëse kompletten an innovative Projet gouf Schrëtt fir Schrëtt a gewëssenhaft opgebaut. Wärend dëser schéiner Rees haten d'Cheffe vum Projet „Vibrerlocal" de Privileg, de Fons Jacques vum „LEADER-Büro Atert-Wark" an de Max Hilbert vun der A.s.b.l. „De Kär" ze begéinen, déi allebéid vun der Visioun a vun der Mikrofinanzéierung iwwerzeecht woren.

Esou koum et dozou, datt virun 2 Joer „Vibrerlocal" um transnationale LEADER-Projet „Crowd4Region" deelgeholl huet. Wärend dëser enker a waarmhäerzeger Zesummenaarbecht ass un der Entwécklung vun engem neie Modul fir Mikrofinanzéierung geschafft ginn. Dëst erlaabt ët nët nëmmen de Bierger an den Associatiounen eng Demande fir Mikrofinanzéierungen ze maachen fir hir Projeten unzekierpen (an enger éischter Phase mat bis zu 5.000 €), mee och, datt Interessenten Donen an Euro oder Beki maache kënnen fir ze hëllefen.

Max Hilbert, Gérant vum Beki: *„Et ass schon eng Zäit hier, datt d'Geschwëster Laurent a Pascal Roussel mech kontaktéiert haten, well si sech fir d'Regionalgeld Beki interesséiert haten. Zanterhier si mir sporadesch a Kontakt bliwwen. No laange Recherchen a villen Treffe mat anere lokale LEADER-Aktiounsgruppen an Europa am Kader vum LEADER-Projet „Crowd4Region", hunn de Manager vum LEADER Atert-Wark, Fons Jacques an ech festgestallt, datt hir Plattform „Vibrerlocal" fir Co-Kreatioun dat ideaalt Instrument ass, fir de Crowdfunding am ländleche Raum ze verankeren. D'Kontakter hunn sech zanterhier dermoosse verstäerkt, datt de Laurent decidéiert hat, Kanada ze verloossen, fir hei am Kanton Réiden d'Associatioun „Vibrerlocal" ze grënnen! Natierlech wäert och d'Méiglechkeet bestoen, e Crowdfunding digital an der aktueller Phase iwwer d'App Bekipay ze lancéieren."*

D'Associatioun „Vibrerlocal a.s.b.l." huet säi Sëtz zu Biekerech a gëtt vun de mëttlerweil dräi „Musketiere" verwalt: Laurent Roussel, Vincent Villers a Pascal Roussel, déi fir d'Gestioun vun der Plattform a fir d'Operatiounen an Zesummenhang mat der Mikrofinanzéierung verantwortlech sinn.


Vibrerlocal.com & .lu ass online, funktionnéiert ouni Reklamm an huet scho bal 1.300 Memberen, verdeelt iwwer Kanada, Frankräich, Schwäiz, Belsch a Lëtzebuerg. Méi wéi honnert Projete goufen iwwer d'Plattform initiéiert. An dat ass just den Ufank! Viru kuerzem huet de Kanton Réiden mat sengem Service „Pakt vum Zesummeliewen" éischt Projete iwwert dese Site lancéiert.

Karsten Kuepper, Koordinator vum Pakt vum Zesummeliewen Kanton Réiden: *„Vibrerlocal schaaft ideal Konditiounen fir d'Zesummenaarbecht vun eise verschiddenen Integratiounskommissioune vum Kanton Réiden. Et erlaabt zesumme Projeten op d'Been ze stellen an eis Erfahrungen auszetauschen. Dat féiert zu Synergien an hëlleft eis erfollegräich Konzepter vun enger Gemeng op déi aner unzepassen. A vläicht an der Zukunft kënne mir souguer méi wäit goen a probéieren eis finanziell Méiglechkeeten auszebauen, dank dem Crowdfunding Modul, deen an der Plattform „Vibrerlocal" ugebuede gëtt."*

D'Equipe „Vibrerlocal" ass frou Iech matzedeelen, datt ab September de Site an 3 Sproochen disponibel ass: Franséisch, Däitsch an Englesch. Et ass och geplangt, fir déi éischt Mikrofinanzéierungsprojeten ze testen! Nieft Projeten an der Regioun Atert-Wark, fërdert „Vibrerlocal", an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Atert (B) och d'Rehabilitatioun vun der fréierer Auberge du Val d'Attert. D'Zil ass et fir hei am Atertdall eng multidisziplinär Plaz (Restauratioun, Zesummeliewen & Co-Kreatioun) an d'Liewen ze ruffen, wou béid Nopeschlänner sech begéinen.

**Daat wäert Iech net entgoen!**

Tatsächlech gëtt dëse Summer an um Ufank vun der Rentrée eng Equipe mobiliséiert, fir de Porteure vun de Projeten bei der Promotioun vun hire Mikrofinanzéierungscampagnen ënner d'Äerm ze gräifen. Ënnerstëtzung op Social Media ass och geplangt. Eng national Pressekonferenz ass fir November geplangt!




**Aktivéiert och Dir Iech, entdeckt d'Plattform www.vibrerlocal.lu mat éischte Projeten an der Regioun an ënnerstëtzt se mat engem Don! Wann Dir Projetsiddien hutt an op der Sich no finanzieller Ënnerstëtzung, no Benevolat oder och einfach Material, zéckt net „Vibrerlocal" ze kontaktéieren an eng eege Crowdfunding Campagne iwwer de Site ze starten!**



Max Hilbert, Gérant vum Beki



Karsten Kuepper, Koordinator vum Pakt vum Zesummeliewen Kanton Réiden




**Vibrerlocal ASBL**
6, Jos Seyler Strooss
L-8522 Beckerich
T 691 204 858
info@vibrerlocal.com
www.vibrerlocal.lu

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural
Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.

# « Seul, on va plus vite, ensemble on va plus loin! »

*« Vibrerlocal » est un projet qui a été initié au Québec en 2014 par Laurent Roussel. Il est venu en réponse à trois problématiques que rencontrent souvent toutes personnes ou associations désireuses de créer des projets:*

## *ISOLEMENT*

*Les gens ont des idées, des projets, mais se sentent seuls pour les réaliser. Ils ne sont pas toujours entourés du « bon » réseau en mesure de les soutenir.*

## *INACTION*

*Les personnes hésitent à passer à l'action, ils font face à des peurs, des doutes ou encore des difficultés à s'organiser.*

## *SOUS-FINANCEMENT*

*Il est souvent difficile de trouver des moyens financiers pour initier son projet.*

*C'est en réponse à ce constat qu'a débuté le développement d'une plateforme web de coorganisation locale, facilitant les rencontres, le passage à l'action, la création de projets et le microfinancement: Vibrerlocal.com (et plus spécifiquement ciblée pour les personnes issues du Luxembourg via vibrerlocal.lu).*

*Ce projet complet et innovant s'est bâti pas à pas et consciencieusement. Et c'est au cours de ce beau parcours que les porteurs de projet de « Vibrerlocal » ont eu le privilège de rencontrer Fons Jacques du « Bureau LEADER Atert-Wark » et Max Hilbert de l'association « De Kär » qui ont été conquis par la vision du projet et l'option de microfinancement.*

*C'est ainsi que depuis deux années, « Vibrerlocal » participe à un projet LEADER transnational « Crowd4Region » à travers duquel une étroite et chaleureuse collaboration s'est établie pour développer un nouveau module de microfinancement. Celui-ci permet en effet, aux citoyens et associations de faire des demandes de microfinancement pour leurs projets (dans une première phase jusqu'à 5.000 €). Et à ceux et celles qui le désirent de faire des dons en euro et aussi en Bekis pour y répondre.*

*Max Hilbert, gérant de la monnaie regionale Beki:* « Ça fait des années que Laurent et Pascal Roussel m'avaient contacté parce qu'ils s'intéressaient au Beki. Depuis on est sporadiquement resté en contact.

Après de longues recherches et beaucoup d'échanges avec d'autres groupes d'action locale Leader en Europe dans le cadre du projet Leader Crowd4Region, le manager du Leader Atert-Wark Fons Jacques et moi se sont rendus compte que leur plateforme de cocréation « Vibrerlocal » sera l'outil idéal pour ancrer le crowdfunding dans les zones rurales. Les contacts se sont depuis intensifiés et Laurent a décidé de quitter le Canada pour venir créer l'association « Vibrerlocal » ici, au canton de Redange! Et bien évidemment, il sera possible de faire des financements crowdfunding en Beki digital (Bekipay). »

*C'est l'association « Vibrerlocal a.s.b.l. » (ayant son siège à Beckerich et administrée par « les trois mousquetaires »: Laurent Roussel, Vincent Villers et Pascal Roussel) qui est chargée de gérer la plateforme et les opérations liées au microfinancement.*

*La plateforme est en ligne et sans publicité, elle compte déjà presque 1.300 membres répartis entre le Canada, la France, la Suisse, la Belgique et le Luxembourg. Plus d'une centaine de projets ont été initiés via la plateforme et d'autres sont à venir. Comme dernièrement le « Syndicat Intercommunal De Réidener Kanton » qui a commencé à utiliser « Vibrerlocal » pour gérer ses projets dans le cadre du « Pacte Zesummeliewen ».*

*Karsten Kuepper, coordinateur « Pacte Zesummeliewen Kanton Réiden »:* « Pour la coopération des différentes commissions d'intégration du Kanton Réiden, « Vibrerlocal » crée les meilleures conditions pour monter ensemble des projets et échanger nos expériences. Cela crée des synergies et nous aide à adapter des concepts réussis d'une commune à d'autres endroits. Et peut-être qu'à l'avenir, nous pourrons même aller plus loin et essayer d'élargir nos possibilités financières grâce au module crowdfunding offert dans la plateforme vibrerlocal. »

*Toute l'équipe est heureuse d'annoncer qu'à partir du mois de septembre, en plus du français, la plateforme sera aussi proposée en allemand et en anglais. Et il est également prévu de tester les premiers microfinancements de projets. Outre des projets de la région Atert-Wark, en coopération avec la commune d'Attert (BE), « Vibrerlocal » est en train de promouvoir la réhabilitation de l'ancienne « Auberge du Val d'Attert ». Celle-ci s'oriente pour devenir un lieu multidisciplinaire de restauration, de vivre-ensemble et de cocréation pour la vallée de l'Attert des deux côtés de la frontière.*

### Vous allez en entendre parler!

*En effet, cet été et à la rentrée, une équipe sera mobilisée pour accompagner les porteurs de projets dans la promotion de leurs campagnes de microfinancement. Un soutien sur les Réseaux sociaux est aussi prévu et un grand lancement national devrait voir le jour en novembre!*

***Alors, passez à l'action, consultez la page d'accueil de la plateforme www.vibrerlocal.lu, découvrez les premiers projets de la région et soutenez les par un don de votre choix! Si vous avez des idées de projets et que vous êtes à la recherche de soutien que ce soit financier, bénévolat ou simplement des besoins en matériel, n'hésitez pas à nous contacter pour lancer une campagne crowdfunding via le site vibrerlocal.lu!***

vibrer local


**Vibrerlocal ASBL**
6, Jos Seyler Stroos
L-8522 Beckerich
T 691 204 858
info@vibrerlocal.com
www.vibrerlocal.lu


LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural
Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.

Gewässervertrag Attert / *Contrat de Rivière Attert*
Klimapakt / *Pacte Climat*

# Méi Gréngs an eisen Dierfer
## *Plus de verdure dans nos villages*


© Waasserhaus / Maison de l'Eau

**Et gëtt ëmmer méi waarm...** D'Temperaturen hunn 2022 weltwäit an och zu Lëtzebuerg Rekordwäerter erreecht: den Thermometer ass bal u 40°C erukomm. Di leschten 10 Joer woren di wäermste säit d'Temperatur zu Lëtzebuerg gemooss gëtt. Mir sinn also voll am Klimawandel dran an et gesäit net duerno aus, wéi wann dësen Trend di nächste Joerzéngte wäert änneren.

**Wat kënne mir da nach maachen?**

Mir musse léiere mat der Hëtzt ze liewen an eis un di méi waarm an dréche Bedingungen unzepassen. An natierlech gläichzäiteg alles ënnerhuele fir di fossil Energie (Masutt, Diesel, Pëtrol, Gas, Kuel) mat erneierbaren Energien ze ersetzen a ganz wichteg - versichen Energie anzespueren.

A fir datt eis Liewensqualitéit trotz Hëtzeperioden an Dréchent erhale bleift, ass elo de Moment fir unzefänken eis Haiser, eis Gäert, eis Stroossen an ëffentlech Plazen un dës méi mediterran Bedingungen unzepassen.

**Wat sinn dann eis Méiglechkeete géint d'Hëtzt?**

Méi Gréngs! Wéi mir op der Foto ënnendrënner gesinn, wiermen den Asphalt, d'Maueren an d'Steng vill méi op wann se der Sonn direkt ausgesat sinn, wéi wann se mat Gréngs iwwerdeckt sinn. Am beschten ass natierlech den Asphalt esou gutt et geet ze vermeiden oder erauszehuelen, also ze entsigelen.

Do wou dicht bebaut ass, virun allem an den Duerfkären a Stied, brauche mir deemno méi Beem, Hecken, Blummen, Sträicher, asw. Et ass bewisen, dass d'Mënsche sech méi wuel fille wann Uertschafte méi Vegetatioun hunn.

***Il fait de plus en plus chaud...*** *Les températures ont atteint des valeurs record en 2022: le thermomètre a frôlé les 40°C au Luxembourg. Les 10 dernières années ont été les plus chaudes depuis le début des relevés météorologiques au Luxembourg. Nous sommes donc en plein changement climatique et il ne semble pas que cette tendance changera dans les décennies à venir.*


***Que pouvons-nous faire ?***

*Nous allons apprendre à nous protéger mieux de la chaleur et à adapter nos habitations et nos espaces extérieurs aux conditions plus chaudes et sèches. Et bien sûr en même temps nous essayons de tout faire pour remplacer les énergies fossiles (fioul, gasoil, essence, gaz, charbon) par des énergies renouvelables et surtout d'économiser de l'énergie. Et pour que notre qualité de vie soit préservée malgré des canicules plus fréquentes, il est judicieux de commencer dès maintenant à préparer nos maisons, nos jardins et nos espaces publics à ces conditions plus méditerranéennes.*


***Quelles sont nos options contre la chaleur ?***

*Plus de verdure! Comme on peut le voir sur la photo ci-jointe, l'asphalte, les murs et les pierres stockent beaucoup plus de chaleur lorsqu'ils sont directement exposés au soleil que lorsqu'ils sont recouverts de verdure. Et bien sûr, le mieux est d'éviter le plus possible l'asphalte, ou de désimperméaliser ces surfaces scellées.*

*Là où il y a des zones denses de bâti, en particulier dans le centre du village et les villes, nous avons besoin de plus d'arbres, de haies, de fleurs, d'arbustes, etc. Il est prouvé d'ailleurs que la verdure et la végétation ont un impact positif sur notre bien-être.*




© Mouvement Écologique / oekozenter




© Mouvement Écologique / oekozenter




© Mouvement Écologique / oekozenter

**Wat fir een Effekt huet d'Gréngs an der Hëtzt?**

D'Begréngung huet een duebelen Effekt:
- D'Planze spende Schied
- D'Verdonstung huet een Ofkill-Effekt.

Am Schied vu Beem ass di gefillte Lofttemperatur 15°C méi kill wéi an der praller Sonn.

Eng Fassadebegréngung spuert och Energie am Wanter, si isoléiert net nëmmen am Summer géint d'Hëtzt, mee och am Wanter géint d'Keelt.

**Spillt d'Gréngs och eng Roll bei Iwwerschwemmungen?**

Jo, onversigelt a begréngte Flächen, Beem a Gréngdiecher fänken d'Reewaasser op an halen et zréck. Esou kann et lues versickeren a verdonsten a killt domadder d'Ëmgéigend of. D'Waasser wat an de Buedem versickert, fëllt eis Grondwaasserreserven an entlaascht d'Kanalisatioun.

**A méi Gréngs ass och sécherlech besser fir eis Biodiversitéit?**

Jo, 100%. Wat mécht eng Bei op enger versigelter Asphalt-Fläch ouni iergend eng Planz wäit a breet?

***Quel effet la végétation a-t-elle dans la chaleur ?***

*La végétalisation a un double effet:*
- *Les plantes fournissent de l'ombre*
- *L'évaporation a un effet de refroidissement*

*A l'ombre des arbres, la température perçue de l'air est 15°C plus fraîche qu'en plein soleil. Une façade végétalisée permet également d'économiser de l'énergie en hiver, elle isole donc non seulement de la chaleur en été, mais aussi du froid en hiver.*

***La verdure joue-t-elle aussi un rôle dans les inondations ?***

*Oui, les espaces perméables et verts, les arbres et les toitures vertes captent l'eau de pluie et la retiennent. De cette façon, l'eau peut s'infiltrer lentement dans le sol ou s'évaporer et ainsi refroidir l'air ambiante. L'eau qui s'infiltre remplit nos réserves d'eau souterraine et soulage la canalisation.*

***Et plus de vert est sûrement aussi mieux pour notre biodiversité?***

*Oui, tout à fait. Que fait une abeille sur une surface d'asphalte sans aucune plante au loin ?*



E Paradis fir d'Insekten / *Le paradis pour les insectes* © Mouvement Écologique / oekozenter

Beem, Gäert, Blummen, naturno Begréngung, Daach- a Fassadebegréngung si Wunn- & Iess-Geleeënheete fir eis Vigel, Insekten, Gaardeschléifer, Kéisecker, Hieselmaus, ...

Eis Biodiversitéit zu Lëtzebuerg ass nämlech immens staark ënner Beschoss. Ëmmer méi Fläche gi bebaut fir méi Wunnraum an Aarbechtsplazen ze schafen an di intensiv Landwirtschaft verdrängt och d'Liewensraim vun der natierlecher Fauna a Flora.

**Wat kann ech doheem maache fir méi Gréngs an eis Dierfer eranzekréien?**

Braucht et esou vill Versigelung?
Fannt Dir e Stee-Gaart wierklech schéin?

**Informéiert Iech op www.naturelo.meco.lu oder www.ounipestiziden.lu an traut Iech unzeplanzen a wuessen ze loossen.**

Fir datt Beem, Stauden an Hecken all hier Funktioune gutt erfëlle kënnen, brauchen si:
- Genuch Plaz am an iwwert dem Buedem
- Genuch Waasser (notzt d'Reewaasser, am Plaz et an d'Kanalisatioun ze kéieren)

*Les arbres, les jardins, les fleurs, la verdure naturelle, les revêtements de toiture et de façade sont autant d'occasions de trouver un habitat et de la nourriture pour nos oiseaux, insectes, souris, hérissons, ...*

*Notre biodiversité au Luxembourg est très menacée. De plus en plus de zones sont bâties pour créer des logements et des emplois. En outre, l'agriculture intensive repousse elle-aussi les habitats de la faune et de la flore naturelles.*

***Que puis-je faire chez moi pour apporter plus de verdure dans nos villages ?***

*Faut-il autant de scellement ?*
*Trouvez-vous un jardin de minéral joli ?*

***Informez-vous sur le site de www.naturelo.meco.lu, www.ounipestiziden.lu et osez planter et laissez pousser.***

*Pour que les arbres, arbustes et haies remplissent bien toutes leurs fonctions, il leur faut:*
- *suffisamment d'espace dans et au-dessus du sol*
- *Suffisamment d'eau (utiliser l'eau de pluie au lieu de l'évacuer à l'égout)*

**Informéiert Iech op www.naturelo.meco.lu oder www.ounipestiziden.lu an traut Iech unzeplanzen a wuessen ze loossen.**

***Informez-vous sur le site de www.naturelo.meco.lu ou www.ounipestiziden.lu et osez planter et laissez pousser.***





Fassadenbegrünung in Freiburg
*Fassade végétalisée à Freibourg* (Allemagne)
© Waasserhaus Réiden / Maison de l'Eau



Wou wëllt Dir léiwer schaukelen? / Où préférez-vous faire de la balançoire ?
© Mouvement Écologique / oekozenter

Nëmmen esou wuesse si a kënnen de verschiddene Stressfaktoren (Stréisalz, Dréchent an Hëtzt, Schädlingsbefall, Krankheeten, Schuedstoffbelaaschtung,…) entgéinthalen.

### Braucht Dir e gudde Rot wéi Dir Äre Gaart naturno kënnt (ëm)-gestalten?

D'Waasserhaus vu Réiden bitt de Bierger aus hire Membergemengen (Biekerech, Biissen, Colmer-Bierg, Ell, Helperknapp, Préizerdaul, Réiden, Säll an Useldeng) eng Berodung u fir d'Planung vun engem naturnoe Gaart.

Soss fannt Dir Lëschte vun insektefrëndleche Planzen um Site vum www.naturelo.meco.lu a vill aner gutt Tipps fir Ären naturnoe Gaart. Do dernieft ginn et eng ganz Rei aner Initiativen a Strukturen zu Lëtzebuerg, déi sech mat dësem Thema befaassen an déi bei der Campagne „ouni Pestiziden" matmaachen.

### Hutt Dir schonn ee naturnoe Gaart?

Mir géingen eis iwwert eng Foto vun Ärem Gaart (maison.eau@attert.com) freeën a kënne se an enger nächster Editioun vun der Synergie publizéieren fir aner Matbierger ze inspiréieren.

*Ce n'est qu'ainsi qu'ils pourront pousser et résister aux différents facteurs de stress (sel en hiver, sécheresse et chaleur, infestation de ravageurs, maladies, exposition à des substances nocives,…).*

### *Vous avez besoin de bons conseils pour (re) concevoir votre jardin de manière naturelle ?*

*La Maison de l'Eau de l'Attert propose aux citoyens des communes adhérentes (Beckerich, Bissen, Colmar-Berg, Ell, Helperknapp, Préizerdaul, Redange, Saeul et Useldange) une service de conseil pour aménager un jardin naturel.*

*Sur le site de www.naturelo.meco.lu, vous trouvez des listes de plantes favorables aux pollinisateurs et beaucoup d'autres astuces pour planifier votre jardin naturel. Bien d'autres initiatives et structures se sont consacrées à cette thématique et qui participent à la campagne „ouni Pestiziden".*

### *Avez-vous déjà un jardin naturel ?*

*Nous serions heureux de voir une photo de votre jardin (maison.eau@attert.com) et de pouvoir la publier dans la prochaine édition du magazine Synergie pour inspirer d'autres concitoyens.*

**Méi Info / *Plus d'infos:***
**www.attert.com**
**T 26 62 08 08**

Dësen Artikel baséiert sech op d'Campagne vum Mouvement Écologique & oekozenter Pafendall

*Cet article est inspiré par la campagne du Mouvement Écologique & oekozenter Pafendall*

KANTON RÉIDEN

MAISON DE L'EAU — CONTRAT DE RIVIÈRE ATTERT FLUSSPARTNERSCHAFT

KlimaPakt — Meng Gemeng engagéiert sech

**Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l.**
43, Grand-Rue
L-8510 Redange
T +352 26 62 08 08
maison.eau@attert.com
www.attert.com

**Syndicat Intercommunal Kanton Réiden Pacte climat**
43, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 334
www.kanton-reiden.lu

...OUNI PESTIZIDEN

PEINTURE & Design
s.à r.l.




7, rue d'Ell . L-8509 Redange/Attert
T +352 23 62 00 29 . peinture-rene@pt.lu

**peinture-rene.lu**

C.A.R.
s.à r.l.
Construction . Aménagement . Renovation
C.A.R. CONSTRUCTIONS . GÉNIE CIVILE

GEPLANGT
GEBAUT ODER
RENOVÉIERT



**C.A.R. Constructions . Génie civile**
7, rue d'Ell . L-8509 Redange/Attert . T +352 26 62 00 86 . c.a.r.constructions@pt.lu

**www.c-a-r-constructions.lu**



Bidla Buh © Bidla Buh



Devid Striesow © Tobias Schult



Sonico © Griet De Cort



Die Schneekönigin © Rheinisches Landestheater Neuss



Compagnia Due © Compagnia Due



Isfar Sarabski Quartet © Anoush Abrar



Josef und Maria © Bo Lahola



Kabaret Sténkdéier © Claude Sibenaler



Knuet © Bohumil Kostohryz

# CUBE 521

## Highlights der Herbstmonate

**Entdecken Sie das vielfältige Programm der neuen Spielzeit 22/23 mit Highlights aus den Sparten Theater, Musik, Tanz und abwechslungsreichen Theaterstücken für Familien und Schulen.**

**Informationen und Reservierungen:**
**T 521 521**
**info@cube521.lu**
**Das ganze Programm finden Sie unter**
**www.cube521.lu**

### Musik

Den Auftakt der Spielzeit macht das preisgekrönte Musik-Comedy-Trio „**Bidla Buh**" am 1. Oktober 2022. Seit fast 20 Jahren begeistert Bidla Buh sein Publikum mit anspruchsvollster Musik-Comedy in einer einzigartigen Mischung aus musikalischer Virtuosität, großartiger Stilvielfalt und bestem Humor!

Das 2015 gegründete Brüsseler Ensemble **Sonico** wird am 5. November 2022 mit seinem dritten Album „Piazzolla-Rovira: The Edge of Tango" den Komponisten des Tango Nuevo, Astor Piazzolla, in Ehren halten.

Der Jazz-Pianist **Isfar Sarabski**, Gewinner des Montreux Jazzfestivals, wird als Newcomer der Stunde gefeiert. Der Pianist aus Aserbaidschan wird am 11. November 2022 mit einem Konzerthighlight der Extraklasse begeistern.

Auch in diesem Jahr bieten wir Ihnen im Oktober die Möglichkeit den Klang der **gregorianischen Gesänge** in der Abtei von Clerf zu erleben. Im Rahmen der „**Les Dimanches du chant grégorien**" finden 3 Konzerte mit unterschiedlichen Scholen statt.

### Theater & Kabarett

Die **Compagnia Due**, zwei Clowns mit großer Komplizenschaft, Sensibilität und Erfahrung stellen die Welt am 9. Oktober 2022 im Cube 521 in ihrer neuen Show **Avanti** auf den Kopf!

Ausgewählte Szenen des Jahrhundertromans **Die Blechtrommel** werden vom erfolgreichen deutschen Schauspieler Devid Striesow in einer Konzertlesung am 15. Oktober 2022 vorgetragen. Der Multi-Perkussionist Stefan Weinzierl untermalt den Roman mit vielfältigen Schlaginstrumenten.

Das **Kabaret Sténkdéier** präsentiert vom 17.-20. November 2022 sein brandaktuelles Programm „**Dee Leschte mécht d'Luucht aus**" aus der Feder von Roland Meyer. Das Stück geht der Frage nach, ob Humor, in Zeiten von Klimawandel, Pandemie und Krieg noch erlaubt ist. Das Kabaret Sténkdéier bekennt sich in dieser Frage zu einem klaren „Ja" – sind doch Humor und Lachen die wirksamste Medizin.

**Josef und Maria** ist ein berührendes Weihnachtsmärchen für Erwachsene von Peter Turrini in einer Produktion der Kammerspiele Hamburg. Komisches mischt sich hier mit Tragischem, Gegenwart mit Vergangenheit. Ein bezaubernder Abend, den man sich vor Weihnachten, genauer gesagt am 25. November 2022 im Cube 521, nicht entgehen lassen sollte!

### Junges Publikum

In dieser Spielzeit ist erstmalig eine Veranstaltung für die ganz Kleinen auf dem Spielplan zu finden. Kleinkinder ab 8 Monaten bis 3 Jahren können in der begehbaren Installation **Knuet**, welche zum Verweilen und Staunen einlädt, Musikern und Tänzern am 30. Oktober 2022 auf Augenhöhe begegnen.

Die jungen Zuschauer ab 6 Jahren können sich am 27. November 2022 auf das wunderbare Märchen – **Die Schneekönigin** – freuen. Das Rheinische Landestheater Neuss bringt Hans Christian Andersens bekanntes Märchen über die wunderbare Kraft der Freundschaft in einer fantasievollen Inszenierung auf die Bühne.


**Cube 521**
1-3 Driicht
L-9764 Marnach
Luxembourg
info@cube521.lu
T 521 521

# Weekend vum Wëlle Westen

Den 2. an 3. Juli huet déi éischt touristesch Porte Ouverte am Wëlle Weste stattfonnt. De Syndicat Intercommunal vum Réidener Kanton huet gemeinsam mat de véier touristeschen Haapt-Partner op ee Weekend am Wëlle Westen invitéiert.



© Charles Reiser

Déi zwee Deeg hu Visiteuren aus der Groussregioun flott Aktivitéite fir Grouss a Kleng konnten erliewen. Et waren Informatiouns- an Animatiounsstänn mat vill schéine Spiller a Bastel-Aktivitéiten, sou wéi Iessen a Gedrénks op der Useldenger Buerg, der Biekerecher Millen, der Thillenvogtei zu Randschelt an am Schiefermusée zu Uewermaartel ze fannen.

Déi offiziell Ouverture huet den 02. Juli um 11.00 Auer op der Biekerecher Millen stattfonnt, ënnert der Presenz vum Minister Claude Haagen.

Mam Weekend vum Wëlle Westen konnt de Wëlle Westen déi éischte Kéier eenheetlech touristesch no baussen optrieden an seng touristesch Offer weisen: vu Ponyen an Alpakaen, iwwert geschichtsträchteg Muséeën zu villen ënnerschiddlechen Themen, bis hin zu enger Buerg. Offere fir Kanner, Familljen a Leit mat enger Beanträchtegung bis bei flott Visitte fir Erwuessener, de Wëlle Weste ka sech weise loossen a wäert och an Zukunft touristesch Eventer organiséieren.

**De Weekend vum Wëlle Westen wäert 2023 nees stattfannen. Stay tuned!**



© Charles Reiser



© Charles Reiser



Schiefermusée © Eilijah



Useldenger Buerg © Eilijah

VISITWËLLEWESTEN

KANTON RÉIDEN

**TouristInfo Wëlle Westen**
1, am Millenhaff
L-8706 Useldange
T +352 28 33 45 10
info@visitwellewesten.lu
www.visitwellewesten.lu

@visitwellewesten

# Agenda

## SEPTEMBER

Àpd 21. & 22.09
Tous les mercredis/jeudis:
14h30-17h00 &
18h00-20h30
Hovelange - 2, Bockwee

**Cours de céramique**

Avec Bettina Philippo
Adultes à p. de 16 ans
Prix: 390 € par trimestre,
matériel & cuisson inclus
Inscription, information:
bettina@philippo.fr

---

30.09 & 1.10
19h00-1h00
Redange - Barnum

**Léona Winter feat. Madame Yoko**

Réservation & prix: www.barnum.lu

## OKTOBER

1.10
15h & 16h30
Moulin de Beckerich

**Parva Manus**
**Ateliers innovants et amusants pour enfants**

Avec Miriam R. Krüger (L + F)
Prix: 10 €
Inscription: info@dmillen.lu -
www.dmillen.lu - T 691 510 370/371

---

1. & 2.10
Musée de l'Ardoise
Haut-Martelange

**Journées du Patrimoine**

www.ardoise.lu

---

2.10
11h30-16h00
Redange - Barnum

**Brunch Léona Winter 100% live**

Réservation & prix: www.barnum.lu

Ab 4.10
10h00-11h00
Feelen - OA6

**Die Bewusste Atmung**

In diesem Kurs lernst du die
„bewusste Atmung", mit der du gezielt
dein Befinden steuern kannst um dich
fitter und entspannter zu fühlen.
Der Kurs ist für jede Altersklasse.
Teilnahme: 270 € / 8 Kurse
www.schwammschoul.lu

---

6.10
19h30-21h00
Biekerecher Millen

**Jeudis au Moulin**
**Den Universum am Glanz vun de Faarwen**

Konferenz mam Nicolas Feierstein,
Éierepresident vun de Lëtzebuerger
Amateurastronomen.
Fräien Entrée
Eng Umeldung ass erwënscht!
Inscription: info@dmillen.lu
www.dmillen.lu

---

7.10
19h30-21h30
Biekerecher Millen
Sall Scheier

**Stand Up Comedy Show**

Moderéiert vum Vincent Retter, mam
Shayan, Prince, Peter & Sundeep.
Plaze si limitéiert, eng Umeldung
ass erwënscht.
Entrée: 15 €
Inscription: info@dmillen.lu
www.dmillen.lu

---

15.10
19h00-1h00
Redange - Barnum

**Séraphine Mirage**

Réservation & prix: www.barnum.lu

---

29. & 30.10
Musée de l'Ardoise
Haut-Martelange

**Grujeleg Leekoll**
**Speziell Workshoppen a Visitte fir Kanner a Famillen**

www.ardoise.lu

30.10
Musée de l'Ardoise
Haut-Martelange

**Sonndeg Frënn vun der Lee - Thema „Grujeleg Leekoll"**

www.ardoise.lu

## NOVEMBER

Ab 1. November
14h00-18h00
Musée de l'Ardoise
Haut-Martelange

**Musée ass op all Mëttwoch, Samsdeg a Sonndeg**

www.ardoise.lu

---

4.11
19h00-1h00
Redange - Barnum

**Sweety Bonbon feat. Medusa Venom**

Réservation & prix: www.barnum.lu

---

6.11
11h30-16h00
Redange - Barnum

**Brunch Sweety Bonbon et Léona Winter feat. Mdame Yoko**

Réservation & prix: www.barnum.lu

---

8.11
18h00-19h00
Biekerech - Sportshal

**Ech maache mech op de Wee ...**

...zu méi Zefriddenheet, zu neien
Horizonter, zu deem, wat ech nach
ëmmer erreechen wollt.
Maximal 8 Participante pro Grupp.
Präis: 120 €
Aschreiwung: info@dmillen.lu
www.dmillen.lu

## 11., 13 & 13.11
Manukultura Useldeng
Centre Culturel

### Commune Art

Commune Art ass eng ëffentlich Ausstellung vu Konscht an Handwierk vun Memberen aus der Gemeng Useldeng.
Org.: Manukultura

---

## 17.11
19h30-21h00
Manukultura Useldeng
Sall Cabaret

### Virtrag iwwert de Blues: Stevie Ray Vaughan

Mam Ben Boulanger
Participatioun: 10 €
Umeldung: manukultura@useldeng.lu

---

## 18 & 19.11
19h00-1h00
Redange - Barnum

### Catherine D'Oex feat. Madame Yoko

Réservation & prix:
www.barnum.lu

## 26. & 27.11
9h00-13h00
Manukultura Useldeng
KreativAtelier

### Steampunk Upcycled Workshop

Avec Stanislava Boudová
Participatioun: 95 € / Persoun
+ 25 € Material
Umeldung noutwendeg
Umeldung: manukultura@useldeng.lu

---

## 27.11
10h30-11h30
Manukultura Useldeng
Cabaret Sall

### MiniSigns® Babygebärden Themenstunde: Weihnachten

Mam Jennifer Back
19 € / Famill
Umeldung:
www.kikudoo.com/braddelkesch










## Une gamme complète pour votre jardin !

# Votre **partenaire Garden** de la région !

### Husqvarna

*Tondeuses*
*Tondeuses autoportées*
*Tronçonneuses*
*Robots*



### Grillo

*Motobineuses*
*Motoculteurs*
*Tondeuses*



### STIGA

*Tondeuses*
*Tondeuses autoportées*
*Souffleurs*



### PELLENC

*Matériels électriques*
***1 batterie** pour de multiples outils*

drive green !



**AGRI-DISTRIBUTION**

14, Nidderpallenerstrooss L-8551 Noerdange
8, rue de Boursdorf L-6557 Dickweiler
+352 236 37 200
www.wowey.eu
info@wowey.eu
\AgriDistribution

MADE IN LUXEMBOURG
Promodis
NEW HOLLAND AGRICULTURE



A. MENEVEAU
+352 236 37 219

O.RIX
+352 236 37 218

**INFO**




**CONTACT 236 37 -219 / -218**

NERDEN
CONSTRUCTIONS
NC
www.nerdenc.lu
Tél.: 26 62 12-58
Constructions • Chapes • Carrelages
Facades • Plafonnages








Dans le cadre du développement de notre clientèle, nous recherchons pour entrée immédiate ou à convenir:

**› 2 comptables qualifiés**
**m/f/n - mi-temps ou plein temps**

**› 1 comptable fiscaliste**
**m/f/n - mi-temps ou plein temps**

- Vous êtes détenteur d'un baccalauréat avec spécialisation dans le domaine recherché.
- Vous avez une expérience dans le domaine des Fiduciaires Luxembourgeoises de 5 ans au moins.
- Vous avez une connaissance approfondie du droit en la matière.
- Vous avez une excellente analyse des problématiques qui entourent votre domaine de travail.
- Vous parlez et écrivez aisément le Français. L'Allemand et le Luxembourgeois constituent un avantage.

## NOTRE OFFRE

- Rémunération attrayante et adaptée à votre qualification, motivation et compétence.
- Des heures de travail flexibles et un cadre de travail agréable.
- Une bonne ambiance et un esprit d'équipe.
- Un parking personnel.

INTÉRESSÉ(E)? Alors, n'hésitez plus et rejoignez une équipe dynamique et compétente dans un cadre agréable et humain.

Veuillez adresser votre lettre de candidature accompagnée d'un CV et d'une photo récente à notre siège social établi au 14, Haaptstrooss à L-8720 Rippweiler. Votre candidature sera traitée avec la plus grande discrétion et confidentialité.

**Fiduciaire interrégionale** s.a.
fiduciaire comptable

14, Haaptstrooss
L-8720 Rippweiler

**t** + 352 23 62 33-1
**f** + 352 23 62 33-29

fiin@pt.lu
fiduciaire-interregionale.lu

GESONDBAUEN.lu

**Nerden & Fils** sàrl
Entreprise de construction

Beckerich Tél. 23 62 14 93 www.gesondbauen.lu

Habitations I Bâtiments commerciaux I Façades
Transformations I Aménagements extérieurs
Enduits traditionnels & argiles I Isolations écologiques
Chapes & Carrelages I Promotions immobilières

ENERGIE FIR D'ZUKUNFT
ClimEEC ECO · EXPERT · CLUSTER



Cheminées • Poêles à bois et à pellets • Ramonage • Tubage

Walux
Bioenergy

1 Arelerstrooss - L-8523 Beckerich
Tél: +352 26 62 14 08 - info@walux.lu

**www.walux.lu**

Energie fir d'Zukunft




## Gagnez 5 x 100 €
sur un service de jardinage

# JARDINIER-PAYSAGISTE « LES VERTS DURENT »

### Des solutions à portée de jardin.

Grand passionné de nature et de paysages, Grégory Zigrand, bachelier en Gestion de l'Environnement et son équipe garantissent des services de jardinage de tous types sans apports d'amendements chimiques ni de désherbants ou d'insecticides.



Conscient des enjeux environnementaux, les méthodes de travail sont directement inspirées des règles de la Nature et respectent ainsi les principes fondamentaux d'une gestion durable des espaces verts.

Fort d'une expérience de près de 10 ans, « Les Verts durent » vous proposent l'aménagement et/ou l'entretien de votre jardin, terrasse ou balcon et des créations sur mesures.

Que ce soit pour aménager un potager ou un jardin d'ornement, la plantation d'une haie, la rénovation d'un gazon, la construction d'une terrasse en bois, ou encore pour la taille de vos arbres, l'entretien ponctuel, saisonnier, ou annuel, de votre jardin, venez découvrir les services proposés sur www.lesvertsdurent.lu.

Un vrai « savoir-vert » au service de vos espaces extérieurs !

**Les Verts durent**
1, rue des Prés
L-9173 Michelbouch
T +352 621 19 00 39
gregory@lesvertsdurent.lu
**www.lesvertsdurent.lu**

COACHING
JARDINAGE
ENTRETIEN
DURABILITÉ
DÉNEIGEMENT
TERRASSE EN BOIS
MADE IN LUXEMBOURG
BASSIN D'EAU
ÉLAGAGE
NETTOYAGE
ENSEMENCEMENT
POTAGER
DÉBROUSSAILLAGE
TONTE

Le principe est simple: placez dans la grille chacun des mots repris dans la liste et découvrez le mot mystère. Quelques lettres sont déjà placées pour vous aider. Complétez le bon de participation en n'oubliant pas d'indiquer le mot mystère ainsi que vos coordonnées. Renvoyez le coupon de participation avant le 1er novembre 2022 par courrier. Les gagnants seront désignés par tirage au sort parmi la bonne réponse reçue et seront avertis par courrier. Le résultat sera publié dans l'édition de novembre.

## RESULTAT

### vum Mot Mystère aus dem Synergie 67

**Brigitte Heintz**
Mäerzeg
**Bob Hirtzig**
Mäerzeg
**Dany Seyler**
Welsdref
**Andy Maquet**
Groussbus
**Lynn Weiler**
Groussbus

gewannen 1 Geschenkbong am Wäert vun 75 €/Beki fir de Buttek Op der Schock zu Réiden

## Mot Mystère - coupon-réponse

Nom & Prénom

Rue & numéro

Localité

Email

Tél.

R O -
- M S

synergie

**SYNERGIE**
p/a Art & Wise s.à r.l.
6, Jos Seylerstrooss
L-8522 Beckerich

binsfeld

LET'S SAVE ENERGY NOW

# ÉTEINDRE TOUS SES APPAREILS EN STANDBY,

## c'est économiser +/- 100 €/an

On a tous le pouvoir de faire des économies d'énergie.
Rejoignez le mouvement : **lets-save-energy.lu**

zesumme spueren
ZESUMMENHALEN

enovos